



Wat ech och virun allem gutt un deem Projet fannen, ass, datt och ëmweltpolitesch Moossname virgesi sinn, sief dat d'Installatioun vu Fotovoltaik, sief dat awer och d'Opfänke vu Reewaasser. Op där anerer Säit soll een awer och nach eng Kéier hei ënnersträichen, datt eng maximal Begrëngung soll virgeholl ginn, fir datt eben och déi Installatioun sech beschte méiglech do integréiert.

Ech mengen, fir d'Gemeng Péiteng ass dat ouni Zweifel - an den zoustänneg Schaffen huet dat jo och schonn hei duerschlecke gelooss - och e Virdeel, datt eng Rei Autoen do aus de Quartiere kënnen erausgeholl ginn an datt eben elo dat op enger zentraler Plaz ka geschéien, dee Parking.

An deem Sënn, wéi gesot, kënne mir dee Projet do nëmmen ënnerstëtzen. Ech soen och der Madamm Lorsché nach Merci fir déi eenzel Projeten a brénge selbstverständlech dann och den Accord vun der DP.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus nach eng Kéier e Merci un d'Kolleegein Josée Lorsché fir de Rapport.

Ech mengen, mir sinn eis heibannen eens, datt déi Park & Riden, déi un de Grenze sinn, datt dat déi richteg Politik ass. Et ass net, fir d'Park & Riden an den Zentrum ze maachen, wéi mer dat fälschlecherweis, eiser Meenung no, elo zweemol gemaach hunn, mä et soll een dat schonn un d'Grenze vun eisem Land setzen.

Ee vun deenen éischte Park & Riden, déi gebaut gi sinn, dat war deen zu Fréiseng. Deen ass schonn eng Kéier ausgebaut ginn. An ech hunn dem Här Minister Bausch dat och scho gesot: Et misst een onbedéngt och do drun denken, fir e Parkhaus ze bauen, well deen ass iwwerfëllt, a vun do aus gëtt et eng Busspur, déi direkt an d'Stad geet, a wann ee gesäit, wivill Bussen do fueren, an déi Busse sinn alleguer voll, well eben eng Busspur do ass.

An et muss een och drun denken: Mir gi jo der-vun aus, datt eng Kéier d'Saarautobunn vu Fréiseng Richtung Saarbrécken opgeet! Mä wann deen Dag kënnt, da gëtt et doudsécher vill Leit, déi aus dem Saarland kommen, déi dann net méi wëllen an d'Stad fueren. Mä wa se kënnen zu Fréiseng op der Grenz erausfueren an och erëm eropfueren, dann ass dat e Parking, deen doudsécher och vu ville Leit, déi aus Däitschland kommen, profitéiert gëtt. Duerfir kann ech nëmme recommandéieren, fir drun ze denken, fir dee Park & Ride och ze vergrësseren an enger Gréisstenuerdung wéi deen heiten. Dat wier sécherlech och do ubruecht.

An dobäi wëll ech dann awer zum Ofschloss och d'Zoustëmmung zu deem Projet vun der ADR bréngen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet erëm de Statsekretär am Nohaltegkeetsministère, den Här Camille Gira.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.** - Merci, Här President. Ech wëll och hei der Rapportrice villmools Merci soe fir d'Vitesse, wéi dat duerch d'Chamber gaangen ass, awer och eise Leit, haaptsächlech vun CFL. D'Chronologie ass gemaach ginn, vun der Iddi bis zur Realisatioun si mer hei relativ gutt ënnerwee. An dass e Besoin grad an där doter Region besteet, ech mengen, dat zweifelt keen un.

Ech mengen, Dir hutt et matkritt, ech ka soen: Et ass deen éischte Park & Ride vun enger neier Generatioun an deem Sënn, an där Gréisstenuerdung op der Grenz. Wann ech dat esou dierf soen: Fir eis ass dat déi zweet Couronne. Déi éischt Couronne, dat ass déi no bei der Stad.

Ech wëll awer d'Geleeënheet notzen, fir dat opzegräifen, mengen ech, wat schonn e Virriedner gesot huet: Mir sollten eis et net ze einfach maachen a soen, sämtlech Mobilitéitsproblemer zu Lëtzebuerg wieren d'Schold vun de Frontalieren, gell! De Modal Split bei de Lëtzebuerger ass net wesentlech besser wéi bei de Frontalieren.

An dofir brauche mer net nëmme Park & Riden op de Grenzen. Eis éischt Couronne ass déi, déi op d'Endstatiounen vum Tram kënnt. Dir wësst, dass e ganz grouse Park & Ride um Héienhaff geplangt ass, beim Fluchhafen, an op där ane-

rer Säit och beim Stadion op der Cloche d'Or. Déi zweet Couronne, dat ass déi wierklech op de Grenzen, Rodange. Fir Fréiseng kann ech lech soen, dass Diskussiounen lafen, vläicht souguer, dass mer un Terrainen kommen a Frankräich, fir dann do iwwer eng Konventioun eppes ze maachen. Waasserbëlleg ass ënnerwee.

Dir hutt awer och vläicht matkritt, dass mer schonn ënnerwee sinn, fir eng drëtt Couronne opzebauen, an zwar, fir d'Frontalieren awer déi Kéier wierklech nach éischter opzefänken. An zwar bei der Statsvisitt a Frankräich, do ass, mengen ech, no bausse relativ vill thematiséiert ginn, dass mer Suen an de Grapp huelen, fir d'Zuchstreck hannert der Grenz bis op Metz hëllefe méi sécher ze maachen, awer och auszebauen, fir dass d'Fransousen och méi Capacitéit kréien.

Wat manner eriwwerkomm ass, dat ass, dass mer prinzipiell d'accord sinn, fir zwee grouss Park & Riden zu Diddenuewen an zu Lonkech, wou all Kéiers och 700 Parkplaze solle kommen, fir déi zumindest matzefinanzéieren. Do mussen nach Projeten ausgeschafft ginn. Dat ass da scho fir eis déi drëtt Couronne, dat heescht, wou mer d'Frontaliere schonn an hirem Land opfänken, fir se dann op Zich a Bussen ëmzetässelen.

Do dernieft vergiesse mer awer net all déi Park & Riden, ech soen elo emol, déi iergendwou tëscht enger vun deenen dräi Couronnen do leien. Sou soll Käerjeng notament vun 250 op 400 ausgebaut ginn. A mir hunn och op anere Garen nach Projeten, fir auszebauen. Well all Mënsch, dee ganz fréi, mengen ech, op den ëffentlechen Transport ëmklëmmt - vläicht ginn dat och Plazen, wou Carpoolingsleit sech nom Zuch zesummendinn, fir dach méi wäit ze fueren, do héiert Der geschwë vun eis mat eiser App, déi mer an deenen nächste 14 Deeg publizéieren -, well all Auto manner op enger Lëtzebuerger Strooss ass manner Stau, awer och manner CO₂.

An deem Sënn Merci all deenen, déi derfir gesuergt hunn, dass mer elo gläich zu Rodange kënne mat den Aarbechten ufänken.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Da kënne mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7234 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7234 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Projet 7234 ass mat Unanimitéit mat 60-mol Jo uegholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aderm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

De leschte Punkt vun eisem Ordre du jour ass haut de Projet de loi 7179 betreffend d'Vermummung an déi zwou Propositions de loi 6705 an 6909 iwwert deeselwechte Sujet.

D'Presidentekonferenz huet proposéiert, dass d'Reporteren noeneen de Projet respektiv d'Proposition-de-loie presentéieren, dass mer awer eng gemeinsam Diskussioun maachen nom Modell 2. An ech géif dann direkt d'Rapportrice vun éischte Volet vun eiser Diskussioun froen eropezekommen, d'Madamm Viviane Loschetter, zum Projet de loi 7179.

8. 7179 - Projet de loi portant modification de l'article 563 du Code pénal en créant une infraction de dissimulation du visage dans certains lieux publics

6705 - Proposition de loi ayant pour objet d'interdire la dissimulation dans l'espace public et de compléter certaines dispositions du Code pénal

6909 - Proposition de loi portant interdiction de la dissimulation du visage dans les lieux publics

Rapport de la Commission juridique sur le projet de loi 7179

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.** - Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir de Werdegang vun deem Projet de loi vläicht méi kloer ze erklären, erlaabt mer, datt ech chronologesch virginn!

Fir d'Éischt emol eng Bemierkung, an zwar déi: an der Chronologie war dat am Joer 1789 oder 1790, näamlech do, wou d'Gemengereglementer eng Base légale kritt hunn. An effektiv ass et esou, datt hei zu Lëtzebuerg vun deenen 105 Gemengen der 62 e Règlement de police hunn, a vun deenen 62 sinn et der effektiv 47, déi och d'Vermummung oder op Franséisch «l'interdiction de dissimuler le visage en public» reglementéieren.

Dat mécht plus ou moins, grosso modo 72,75% vun der Gesamtpopulatioun vum Territoire vun deem Land aus. Dat ass natierlech vill. Dat heescht, domadder wären am Fong geholl praktesch dräi Véierel vun deene Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen, duerch esou e Règlement de police, deen och nach d'Vermummung géif reglementéieren, ofgedeckt.

Natierlech muss een och wëssen, datt mer eng Autonomie communale hunn an datt déi praktesch Ëmsetzung net an alle 47 Gemengen onbedéngt déiselwecht ass. An dat mécht d'Saach net méi einfach, mä éischter e bësse méi komplizéiert.

Wat och nach wichteg ass ze ënnersträichen, an ech mengen, dat weess och all Buergermeeschter heibannen, dat ass, datt déi Gemengereglementer all den Ordre public matériel regelen, wat d'Securitéit ausmécht, wat d'Tranquillitéit a wat d'Salubritéit ausmécht. Sou steet et am Reglement.

An da maachen ech direkt eng kleng Bemierkung, well dann ass et och gesot: Deen heite Projet de loi wäert d'Reglementation communale net ofänneren, net a Fro stellen. Déi bleift weider en application, well et ass esou, datt en vertu vun der Autonomie communale just d'Gemeenge selwer kënnen hire Règlement de police ofänneren.

Chronologesch kommen ech da bei eis Nopeschlänner. An da muss ee wëssen, datt eng Diskussioun natierlech ëm Vermummung am Allgemengen an och ëm Vermummung notament, wat Burka an Nikab ubelaangt, lassgetrëppelt ginn ass. An 2010 huet Frankräich als Alleréischte e Gesetz gestëmmt, dat d'Vermummung vum Gesiicht am Espace public regelt respektiv verbitt. A kuerz duerno, am Juni 2011, huet dat anert Nopeschland, d'Belsch, datselwecht gemaach.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

An da komme mer schonn op Stroossbuerg, näamlech zur Convention européenne des droits de l'homme. An d'Cour européenne des droits de l'homme huet am Joer 2014 am Juli eng Jurisprudenz, en Uerteel gesprach, well een aus Frankräich géint d'Land Frankräich geklot hat. An d'Cour huet effektiv déi Klo do ënner verschiddenen Aspekter vun der Konventioun analyséiert, éischstens, dem Artikel 8 vun der Konventioun, wat den «respect de la vie privée et familiale» ausmécht, dem Artikel 9 vun der Konventioun, wat den «droit à la liberté de manifester sa religion ou ses convictions» ugeet, an am Kader vum Artikel 10 vun der Konventioun iwwert den «droit de la liberté d'expression».

D'Cour huet also an der éischter Halschent vun 2014 en Uerteel gefallt par rapport zu deser Klo géint Frankräich. An do faassen ech mech e bësse méi kuerz, mä et sinn an de Konkusiounen verschidde Punkte festgehalen ginn:

Dat Éischt, an dat ass net onwichtig, dat ass, datt all méiglech Restriktioun muss duerch e Gesetz festgehalen ginn.

An engem weidere Punkt huet d'Cour och festgehalen - an dat ass eng flott Ausso, déi d'Cour och mécht; bei „flott“ wëll ech elo net beuerteelen, mä einfach zitieren -, d'Cour seet: «qu'on ne saurait retenir que l'interdiction générale que pose la loi (...) est nécessaire, dans une société démocratique, à la sécurité publique ou à la sûreté publique (...).» Dat

heescht ënner anerem - an duerfir soen ech, datt et flott ass, well et berouegt ons -, datt d'Cour awer seet, an engem demokratesche Land misst et eigentlech net noutwendeg sinn, fir esou eng Interdictioun ze maachen.

D'Cour huet awer zrëckbehalen, an och dat ass net onwichtig fir Lëtzebuerg, datt «dans certaines conditions une interdiction de dissimuler le visage peut être justifiée par ce que le Gouvernement», en l'occurrence «français a qualifié de „respect des exigences minimales de la vie en société“ ou de „vivre ensemble“.» Do geet et ënner anerem och ëm d'«protection des droits et libertés d'autrui», wourop d'Cour sech referéiert.

Voilà! An dat ass dann och d'Uerteel, dat säit 2014 virläit, wou effektiv den «vivre ensemble» zrëckbehalen ginn ass, deen, wann e proportionéiert ass, wann et Sënn mécht, och kann eng Liberté partiell aschränken. D'Cour huet datselwecht duerno nach eng Kéier gemaach par rapport zu der Belsch, déi iwwregens och nach aner potenziell Violatiounen vun der Konventioun versicht hat nach mat als Argument ze ginn, déi alleguerte verworf gi sinn, awer den «vivre ensemble» an notament d'«protection des droits et libertés d'autrui» sinn do nach eng Kéier zrëckbehalen ginn.

An da kommen ech zrëck op Lëtzebuerg, chronologesch, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, an zwar op dee Moment, deen Der och a mengem schréffleche Rapport erëmfant, wou d'Regierung, déi eigentlech, wéi et e puermol richtig gesot ginn ass, net onbedéngt déi grouss Noutwendegkeet gesinn hat, fir en la matière ze legiferéieren, sech awer Froe gestallt huet, well ee jo och en Uerteel zu Stroossbuerg hat, dat net onbedéngt deem entsprach huet, wat ech lech virdu gesot hunn, wat d'Gemengereglementer an hire Missiounen hunn, näamlech den Ordre public matériel.

An duerfir ass de Statsrot gefrot ginn an engem Bréif vum Premierminister, an dat war 2016, fir ze wëssen oder fir Kloerheet ze schafen tëschent engem Ordre matériel, wat een am Règlement de police communal erëmfënnt, wat dann - fir et nach eng Kéier ze widderhuelen - d'Tranquillité, d'Sécurité an d'Salubrité ausmécht, an engem Ordre moral, deen éischter ubruecht ass, fir den «vivre ensemble» ze definéieren.

De Statsrot huet och a senger Äntwert zimlech kloer gesot, datt: «Le règlement communal ne peut appréhender que des actes de nature à troubler la sécurité et la tranquillité physiques du citoyen.»

Och wësse mer, datt zu Stroossbuerg d'Cour zrëckbehalen huet, datt mer net kënne genau déi doten Argumenter zrëckbehalen, fir e Verbuet oder e partielle Verbuet vun enger Vermummung zrëckzebehalen. An et ass eréischt doropshin...

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, et ass e bësse komplizéiert, wann ee wëllt chronologesch virgoen, well ech muss lech soen, datt entre-temps och Däitschland 2016 legiferéiert huet an datt och de Senat an Holland befaasst ass mat engem Projet vun engem Gesetz iwwert d'Dissimulation - partiell des Kéier - du visage.

An da kommen ech zrëck op Lëtzebuerg, näamlech datt déi Léisung, déi herno zrëckbehalen ginn ass zu Lëtzebuerg, wou d'Regierung du schlussendlech e Projet de loi deposéiert huet, eng ass, déi sech éischter un deem orientéiert, wat mer och an Holland virleien hunn, näamlech eng Dissimulation partielle op Plazen, wou et wichteg ass, datt déi Interaktioun esou ass, datt een och d'Gesicht gesäit, an net op allen ëffentleche Plazen. Dat war dann déi Solutioun, déi vun der Regierung zrëckbehalen ginn ass, déi och an der Kommissioun diskutéiert ginn ass.

De Projet de loi 7179 hält dann och zrëck, datt et verbueden ass, säi Gesicht ze vermummen op alle Plaze vun Transport collectif, bannent an am Ëmfeld - an der „enceinte“ op Franséisch - vun Etablissement-scolairen, vun allen Typen vum Enseignement, public et privé, an och op all deene Plazen, wou Mineuren, déi manner wéi 16 Joer hunn, sech ophalen, accueilliéiert ginn: Maison-relais etc., Maisons des jeunes etc.

Et ass och verbueden, an den «établissements hospitaliers (...) y compris dans les ascenseurs et corridors» vermummt ze sinn. An et ass verbueden an deenen «locaux à usage collectif des institutions accueillant des personnes âgées», dat heescht «à des fins d'hébergement», Altersheimer, CIPAen an esou weider, «dans les bâtiments relevant des autorités judiciaires» a schlussendlech - d'Formulatioun, déi



de Statsrot zréckbehalen huet an déi d’Kommissioun an hirer Wäisheet och esou ugeholl huet - «dans les administrations publiques ainsi que dans les bâtiments ou dans les parties des bâtiments à l’intérieur desquels des services publics administratifs sont fournis par toute personne de droit public.»

Et gëtt selbstverständlech och an dësem Projet de loi Ausnamen. Déi ginn och definéiert: wa se justifiéiert sinn «pour des raisons médicales» oder Raisons professionnelles. An et ass och an dësem Projet de loi festgehalen, datt, wa verschidde Festivitéite sinn, déi Tradition hunn an esou weider, do och Ausname méiglech sinn. Ech zitëieren elo keng.

D’Sanktioun, déi virgesinn ass an dësem Projet de loi fir den Non-respect vun dësem Artikel 563 10° ass eng Contravention de quatrième classe. Dat heescht, dat ass eng Amende, déi ka variéieren tëschent 25 an 250 Euro. Et ass also déi klengstméiglech oder déi duusst Amende, déi am Code pénal virgesinn ass.

Mir hunn ons zimlech séier, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem Projet de loi befaasst, wéi en deposéiert ginn ass, schlussendlech och, well mer och mat zwou Proposition-de-loien an der Commission juridique befaasst waren. Mir hunn och herno déi zwou Propositionen an de Projet de loi zezusammen all Kiéiers thematiséiert.

De Projet de loi ass de 5. September 2017 deposéiert ginn. De Conseil d’État huet den 21. November 2017 ginn. Ech selwer sinn de 17. Januar 2018 als Rapportrice genannt ginn.

D’Regierung huet dunn den 22. Januar 2018 eng Rei Amendementer deposéiert. Duerno huet de Statsrot den 20. Mäerz 2018 nach eng Kiéier an engem Avis complémentaire säin Avis ofginn. An an deem Avis complémentaire vum Statsrot ware Propositionen, net méi vill, mä et ware Propositionen, déi esou ugeholl gi si vun der Commission juridique, soudatt mer dat konnte guttheeschen, wat den Avis complémentaire vum Statsrot proposéiert huet, an de Rapport de 16. Abrëll 2018 konnte majoritairement an der Commission juridique unhuelen.

Fir d’Avis verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Et sinn der eng ganz Rëtsch erakomm. Déi sinn alleguerter ganz interessant, komplex, well d’Thema komplex ass. An domadder, Madamm Presidentin, wär ech och um Schluss vu mengem mëndleche Rapport ukomm.

Ech wëll awer och nach als Member vun der grénger Fraktioun soen, datt mir déi nuancéiert Manéier, mat där mat esou engem sensibelen Thema an dësem Projet de loi schlussendlech konnt émgänge ginn, appreciëieren an datt mir dëse Projet de loi wäerten als gréng Fraktioun selbstverständlech matstëmmen.

Ech soen lech Merci fir d’Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Madamm Loschetter. Dir wësst, mir hunn an dëser Matière ee Projet de loi an zwou Proposition-de-loien. Da géife mer elo der Rei no fueren, wéi d’Reglement dat virgesäit, an da géif ech direkt dem Auteur vun där zäitviischer Proposition, dem Här Kartheiser, d’Wuert ginn, fir zu senger Proposition ze schwätzen.

Rapport de la Commission juridique sur la proposition de loi 6705

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*), *auteur-rapporteur.* - Villmools Merci, Madamm President. Ier ech d’Eier hunn, am Numm vun der juristescher Kommissioun dëse Rapport virzedoen, wollt ech just eng chronologesch Präzisioun ginn: De Projet de loi, deem d’Madamm Loschetter elo hei virgestallt huet, ass u sech deem drëtten an der chronologescher Rei vun de Projeten. Dee vun der ADR, dee Gesetzesvorschlag, wor deem éischten, duerno kouw e Gesetzesvorschlag vun der CSV an duerno e Projet vun der Regierung. Mir hunn also an der Chronologie vun de Virstellungen hei net onbedéngt déi, déi elo an der Geschicht vun dëser Diskussioun déi richteg war.

Ech schwätzen elo am Numm vun der juristescher Kommissioun a wäert mech also all privater Meenung enthalten.

Déi legislativ Prozedur vum Gesetzesvorschlag 6705 huet de 17. Juli 2014 ugefaangen, wéi ech hei an der Chamber e Gesetzesvorschlag deposéiert hunn. Dee Gesetzesvorschlag wor begleet vun engem Exposé des motifs, Commentaire des articles, wéi dat ëmmer de Fall ass. De Statsrot huet säin Avis den 10. Juli 2015 ginn.

De 17. Januar 2018 ass dëse Gesetzesvorschlag dunn an der juristescher Kommissioun virgestallt ginn. An den Avis vum Statsrot gouf ënnersicht. Den Auteur, dat sinn ech an dësem Fall, huet de 24. Januar 2018 eng Rei vun Textännerunge proposéiert. De Statsrot huet den 20. Mäerz 2018 doropshin en zousätzlechen Avis erausginn. Den 28. Mäerz 2018 huet déi juristescher Kommissioun mech als Rapporteur fir dëse Gesetzesvorschlag genannt.

An de Sëtzunge vum 28. Mäerz a 16. Abrëll 2018 sinn dem Statsrot seng Observatiounen analyséiert an ugeholl ginn. An d’juristescher Kommissioun huet mech och den 28. Mäerz 2018 zum Rapporteur genannt.

De Gesetzesvorschlag huet d’Zil, am ganzen ëffentleche Raum d’Droe vu Gezei ze verbidden, dat d’Gesicht vun enger Persoun verstoppt an dowéinst d’Identifikatioun vun där Persoun net méi erméiglecht. En huet och d’Zil, déi Leit ze bestrofen, déi sech net un dee Verbuet halen, an och déi, déi eng aner Persoun wéinst där hirem Geschlecht dozou forcéieren, hiert Gesiicht ze verstoppen, soudatt déi Persoun dann net méi kann identifizéiert ginn.

Et versteet sech, datt dëst Gesetz sech net géint e Verstoppe vum Gesiicht rücht, wann dat aus Grënn vu kulturellen Traditionen, sportlechen Evenementer, Gesondheet an esou viru geschitt. De Gesetzesvorschlag schwätzt och net spezifesch vun enger bestëmmter Tenue, rücht sech net géint eng bestëmmt Relioun. Mä et ass nun eemol esou, datt déi Diskussiounen an Europa - d’Madamm Loschetter huet dat scho gesot - eben duerch d’Droe vu Burka an Nikab opkomm sinn, soudatt sech och hei am Land déi Froe vun ëffentlecher Sécherheet, Zesummeliwien an eiser Gesellschaft, Integratioun, Oprechterhale vun ëffentlecher Uerdnung an d’Fro vun de Rechter vun der Fra gestallt hunn.

Zu Lëtzebuerg gouf et an de Schoule schon esou eng Diskussioun. Den 20. Juni 2014 ass dofir eng Direktiv un d’Schoul erausgaangen, wou u sech d’Vermummungsverbuuet dra war. Et gëtt awer bis zu deem Zäitpunkt an och bis haut elo nach kee Gesetz, wat dat regelt, mä alles ass um Niveau vum Gemengereglement traitéiert ginn. Ech mengen, d’Madamm Loschetter hat dat och schon erkläert.

An enger parlamentarescher Fro vum Juni 2011 iwwert d’Fro vun der Burka oder der Vermummung, ob dat elo soll op kommunalem Plang oder op nationalem Plang geregelt ginn, hat d’Regierung deem Abléck gesot, et wär net envisagéiert ze legiferéieren.

Den Auteur vun dësem Gesetzesvorschlag wollt awer eng praktikabel, kontrollabel an duerchsetzbar Léisung. En huet dowéinst d’Initiativ geholl, fir e Gesetz ze proposéieren. Dat ass erlichtert ginn duerch dat Uerteel vum Europäesche Gerichtshaff fir d’Mënscherechter vum 11. Abrëll 2011, wat jo och, wéi d’Madamm Loschetter et scho gesot huet, festgestallt huet, datt esou e Vermummungsverbuuet net géint d’Konventioun géif verstoussen, wann et duerch d’Zesummeliwien an der Gesellschaft géif justifiéiert ginn.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Et ass elo esou, datt de Statsrot a sengem Avis zu dësem Gesetzesvorschlag e puer Consideratiounen gemaach huet iwwert d’kommunal Reglementer. En huet et awer der Chamber natierlech iwwerlooss, déi politesch Opportunitéit ze evaluéieren, ob soll e Gesetz gemaach ginn oder net.

En huet awer och zwou Observatiounen gehat, wat de Contenu vum Gesetzesvorschlag ugeet. Dat Eischt ass, datt en eng Präzisioun verlaangt huet, näamlech datt d’Gesicht muss esou verstoppt ginn, datt eng Identifizéierung vun där Persoun net sollt méiglech sinn. An eng zweet wichteg Consideratioun vum Statsrot - wa se net erfëllt gi wär, hätt e mat enger formeller Oppositioun gedreet -, dat war eben, datt eng Ausnam, wéi mir se virgesinn hate fir gesondheetlech, sportlech an aner Ursachen, net därerf duerch e Reglement festgeluecht ginn, mä muss duerch e Gesetz festgeluecht ginn. An dat, well d’Begrënnung vun enger Beschëllegering ëmmer muss am Gesetz virgesi sinn.

Dat ass och geschitt. Den Auteur huet déi zwou Bemierkunge vum Statsrot an Textännerunge proposéiert. Déi sinn, wéi ech et virdru genannt hunn, an der juristescher Kommissioun och gekuckt an ugeholl ginn. Awer déi juristescher Kommissioun, nodeems se de Rapport hei consideréiert an ugeholl huet, ass der Meenung gewiescht, datt dëse Gesetzesvorschlag net soll gestëmmt ginn, mä datt éischer de Gesetzesvorschlag vun der Regierung sollt ugeholl ginn, well d’juristescher Kommissioun, mat e puer Ausnamen, der Meenung war, datt de Gesetzesvorschlag vun der Regierung méi eng nuancéiert Approche an dësem Domän géif offréieren. Dofir recommandéiert, wéi ge-

sot, déi juristescher Kommissioun der Chamber, dëse Gesetzesvorschlag net unzehuelen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. An d’Wuert huet dann deem drëtten Rapporteur zu senger Proposition de loi, den Här Gilles Roth.

Rapport de la Commission juridique sur la proposition de loi 6909

► **M. Gilles Roth** (*CSV*), *auteur-rapporteur.* - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen deenen zwee Virriedner op jidde Fall Merci, souwuel der Madamm Loschetter wéi och dem Här Kartheiser, fir hir sachlech Rapporten. Ech fannen, dass deem historesche Réckbléck, deem d’Madamm Loschetter gemaach huet, grad wéi déi Präzisatiounen, déi den Här Kartheiser gemaach huet, eigentlech deem Debat richteg situéieren. Ech sinn zwar houfreg, dass ech no bal fënnef Joer Absenz erëm eng Kiéier därerf e Rapport maachen, mä ech kann lech soen, dass deem äusserst kuerz wäert duerfir och ausfallen.

D’Gesetzespropositioun, iwwert déi ech dann elo am Numm vun der juristescher Kommissioun, wéi den Här Kartheiser dat gesot huet, därerf de Rapport maachen, déi hunn den Här Mosar an ech selwer den 19. November 2015 deponéiert. An déi gesäit, éischstens, e generell Vermummungsverbuuet am ëffentleche Raum vir zu Lëtzebuerg. An en zousätzleche Punkt, dat ass, fir d’Zwangsvermummung och ënner Strof ze stellen.

D’Zil vun der Gesetzespropositioun, dat ass eigentlech, en äänleche Regimm zu Lëtzebuerg anzeféiere wéi an eisen Nopeschlänner, der Belsch an och a Frankräich. A konkret geet et eigentlech ëm zwéin Artikelen, déi mer duerfir proposéieren, an eise Code pénal anzeschreien. Et soll mat där Gesetzespropositioun eigentlech verbuede ginn, am ëffentleche Raum eng Tenue, meeschtens e Gezei, unzehunnen, déi zum Zweck huet, d’Gesicht ze verstoppen. Dat kann zum Beispill eng Cagoule sinn, dat kann eng Mask sinn, dat kann awer och e Voile sinn, esou zum Beispill eng Burka oder en Nikab, oder e ganz anert Kleedungsstéck.

D’Vermummungsverbuuet soll sech, laut eiser Proposition de loi, an de sougenannten „lieux publics“ - mat s - applizéieren, also am ëffentleche Raum. Dat kënnen eigentlech all ëffentleche zougänglech Gebaier sinn, dat kënnen ëffentlech Plaze sinn, mä och déi sougenannt „voirie publique“, also den ëffentleche Stroossesereau, dat heescht also d’Stroossen an och d’Trottoiren, d’Feldweeër, dat wat dorënnerfält.

D’Wuert „lieu public“, dat gëtt et och an dem belsche Vermummungsgesetz. An a Frankräich schwätze se net vun „lieu public“, mä do schwätze se vun „espace public“. D’Bezeechnung „lieu public“, déi gëtt et iwweregens och - duerfir hu mir déi zréckbehale gehat - bei eis a verschiddenen Dispositiounen, notament an onsem Code pénal, quitta datt et, an dat soll ee präziséieren, an engem anere Kontext ass.

Wann och d’Proposition de loi e generell Vermummungsverbuuet am ëffentleche Raum virgesäit, da ginn et och eng Rei Ausnamen. An dat ass all Kiéiers, wann d’Gesetz zum Beispill eng Tenue virgesäit, wou d’Gesicht verstoppt gëtt. Eng Ausnam ass och e Verstoppe vun dem Gesiicht aus medezinnesche Grënn, déi mat engem Attest vun engem Dokter beluecht sinn. Ausname kënnen och aus berufleche Grënn sinn, zum Beispill wann een eng Mask unhet, well ee Schweessaarbechte mécht. Weider Ausname kënnen begrënnert sinn duerch de Sport, zum Beispill beim Fechten, oder bei traditionelle Fester, wou et Usus ass, dass een eng Mask ophuuet, zum Beispill de Kleeschen, den Houseker, op der Fuesent oder op der Bün bei dem Theater.

Wann ee géint dat Vermummungsverbuuet versteisst, da kann een zu enger Geldstrof, laut dëser Proposition de loi, vu 25 bis 250 Euro veruerteelt ginn. An d’Gesetzespropositioun gesäit awer méi eng staark Strof vu bis zu engem Joer Prisong a bis zu 25.000 Euro Geldbous vir, wann eng Persoun eng aner mat Gewalt oder Droung zwéngt, hiert Gesiicht ze vermummen. Wann dës sougenannt „Zwangsvermummung“ oder „Zwangsverschleierung“ géintiwwer engem Mannerjärege geschitt, da gëtt déi Strof eropgesat bis zu zwee Joer Prisong an d’Geldstrof geet och bis 50.000 Euro an d’Luucht.

De Statsrot huet d’Proposition de loi vum Här Mosar a vu mir den 21. November 2017, also ronn zwee Joer no dem Depot aviséiert. Hien hat awer eng Opposition formelle gemaach, net op dem Text, wéini d’Vermummungsverbuuet sollt spillen, mä op den Ausnamebestëmmungen. A fir dass eis Gesetzespropositioun awer kéint an de Plenum kommen, wat hu mer du gemaach? Mä dunn hu mer ganz einfach déiselwecht Formulatioun iwwerholl wéi an

dem Gesetzesprojet vun der Regierung, wat d’Ausnamebestëmmungen ubelaangt.

Zum Schluss wëll ech nach soen, dass d’Majoritéitsparteien och dëse schrëftleche Rapport vun der Justizkommissioun matgestëmmt hunn, mä ënner folgender Bedéngung, an dat muss ech präziséieren: De Rapport misst näamlech präziséieren, dass d’Approche fir e generell Vermummungsverbuuet am ëffentleche Raum nëmmen d’Meenung vun den Auteurs vun der Gesetzespropositioun géif erëmginn. An d’Justizkommissioun recommandéiert an hirer Majoritéit der Chamber, de Regierungstext unzehuelen, well dee méi nuancéiert wier an anscheinend männer aschneidend fir déi individuell Fräiheete vun de Bierger. Dont acte.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci.

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - „Anscheinend“ steet awer net am Text!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci dem Här...

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - „Anscheinend“ steet awer net am Text!

► **Une voix.** - Et ass op Lëtzebuergesch iwwersat.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - Bei der Madamm Loschetter stoung och net alles am Text.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci dem Här Rapporteur, deem e Schrëtt zur Säit gaangen ass. An ech géif en dann erëm bieten, de Schrëtt a Richtung Tribün ze maachen, fir als éischte Riedner kënnen Stellung ze huelen. Här Roth, Dir hutt d’Wuert erëm.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth** (*CSV*). - Merci, Här President. Dir hutt gesinn, ech hu versicht, mech exakt un d’Chambersreglement ze halen. Merci fir Är Zoustëmmung.

Also Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, Här Minister, de fräie Geescht gehéiert eigentlech zu eisem Land. Et ass de Geescht vun enger oppener Natioun, awer och enger fräier Gesellschaft. Net just eng politesch Fräiheit, net just eng juristesche Fräiheit, neen, virun allem d’Fräiheit am Alldag vun de Bierger. Hei huet an eisen Aen eng falsch verstanen Toleranz keng Plaz, well si féiert an den Ae vun der CSV just zu Intoleranz am Resultat. D’CSV wëllt duerfir d’Intoleranz vun der integraler Vermummung net toleréieren.

Fir d’CSV steet näamlech d’Vermummung vum Gesiicht am krasse Géigesaz zu de Wäerter, déi eis Gesellschaft ausmaachen, näamlech d’Wäerter ebe vun der Oppenheet an och vun der Toleranz. Well an eise Breedegraden, do kucken d’Leit sech an d’Aen an an d’Gesicht, wa se matenee schwätzen a kommunizéieren.

Eng integral Vermummung vum Gesiicht entsprécht net de Wäerter, net de Gewunnechten an och net den Traditionen, déi eist soziaalt Matenee regelen. Dës Wäerter vum sozialen Zesummesinn a Matenee sinn déif an eiser Gesellschaft verwuerzelt.

Nach schlimmer wéi déi fräiwëlleg Verschleierung ass awer déi opgezongene Vermummung duerch Drëttpersonen. Si versteisst net nëmme géint d’Gesellschaftswäerter, mä géint d’Dignitéit vun de betraffene Persounen an an dësem Fall virun allem der Fra. Esou eppes därerf an eisen Aen net gedult ginn, well mir sinn e klengt Land, wou ee sech fräi - Gott sei Dank fräi! - bewege kann.

D’Grondprinzipien iwwert d’Zesummeliwien mussen duerfir an eisen Aen och um nationale Plang geregelt ginn. An duerfir ass et richteg, dass leschten Enns dach elo - léiwer spët wéi ni - d’Chamber, also d’Volksverrieder vun eisem Land haut hir Responsabilitéit iwwerhuelen.

Här President, déi Responsabilitéit huet d’CSV iwwerholl, andeems mir eng Proposition de loi am November 2015 deponéiert hunn, déi d’Vermummung vum Gesiicht am ëffentleche Raum stroferechtlech verbitt. Datselwecht Verbuet zielt fir de Phänomeen vun der sougenannter „Zwangsverschleierung“.

D’Fro vun dem Firwat vun dëser Gesetzesinitiativ ass awer dach méi komplex. Et gëtt an där Fro an eisen Aen och keng absolutt Wourecht. An dat soe mir kloer. D’CSV ass sech jiddefalls däers vollops bewosst. Et gi sécherlech Argumenter fir déi eng oder déi aner Positioun.

Wëll ech, muss ech iwwerhaupt legiferéieren? A wa jo, wéi wäit wëll ech goen? A fir eis stellt sech d’Fro: Muss ech net grad als Vollekspartei - a mir hunn awer eis CSV dat Umooss - an deem Domän vläicht méi eng staark Retenue hunn? Ech mengen, dat ass eng berechtigt Fro. Et gi gutt a männer gutt Argumenter fir déi eenzel Approchen. An d’CSV, ech wëll dat och kloer soen, respektéiert hei jiddwerengem seng Meenung.



No Ofweie vun allen Argumenter ass d'CSV awer der Meenung, dass en nationaalt Verbuuet vun der Vermummung am gesamten öffentliche Raum déi vläicht besser Léisung ass.

Här President, haut, ronn zwee an en halleft Joer no dem Depot vun der Proposition de loi Mosar/Roth fille mir eis eigentlech bekräftegt an eiser Positioun. Dozou folgend Feststellungen:

Éischtens, Fakt ass, et gouf virum Depot vun der CSV-Proposition am November 2015 schonns eng Gesetzesinitiative vum ADR-Deputéierte Fernand Kartheiser zu der gläicher Fro. D'Zilsetzung vun der Proposition de loi Kartheiser aus dem Juli 2014 ass eigentlech déiselwecht wéi déi vun der CSV: e Vermummungsverbuuet am gesamten öffentliche Raum.

Mä et gëtt - an dat muss een awer och soen - en Avis vun dem Statsrot zu der Proposition Kartheiser vum Juli 2015. An de Conseil d'État stellt hei onmëssverständlech fest: «Pour ce qui [est] de la proposition de loi sous avis», also déi vun dem Här Kartheiser, «il convient cependant de constater que l'auteur n'avance pas d'argument spécifique pour justifier une interdiction de la dissimulation du visage dans l'espace public au Luxembourg (...)».

De Statsrot stellt an deemselwechten Avis an no Analys vun der gesamter internationaler Rechtslag fest, dass e Vermummungsverbuuet awer muss verhältnisméisseg sinn a legitim Zweck verfollegen, d'Madamm Loschetter huet dat och zur Genüge rappeliert. Dës Grënn gëtt d'ADR-Proposition vun dem Här Kartheiser awer net un.

An zousätzlech huet de Statsrot nach zwou Oppositionen formelles ugefuert, wat d'Formulation vun dem ADR-Text ubelaangt. D'CSV-Proposition dréit dogéint deenen Awänn Rechnung. D'Zilsetzung vun dem Zesummeliewen, dem «vivre ensemble», ass beschriwwen an eiser Proposition de loi an d'Definition vun dem öffentliche Raum ass an der CSV-Proposition verfassungsméisseg korrekt a präzise.

Mir haten eben den Avantage, dass mer eis konnten op den Avis stäipen, deen de Statsrot ginn huet par rapport zu der Proposition de loi vun dem Här Kartheiser. An et waren dat eis Beweegrënn, fir eis Proposition de loi ze deponéieren, an net einfach, fir den Här Kartheiser ze kopéieren.

Zweetens, Fakt ass, et goufe Questions parlementaires Mosar/Roth an Adehm/Roth vun Oktober an November 2015, ob d'Regierung géif e Vermummungsverbuuet am öffentliche Raum aféieren. De Justizminister huet fortwährend geäntwert, dës Regierung géif net dodrun denken ze legiferéieren, well d'Vermummungsverbuuet wier hei am Land duerch d'Gemengereglementer zur Genüge geregelt.

De Statsminister Bettel huet sech zum Enn vum Joer 2015 dann och prononcéiert am „Lëtzebuerger Wort“, enger grousser Lëtzebuerger Tageszeitung: „Gemeinden sollen entscheiden: Burka-Gesetz ist vom Tisch.“ Den Här Bettel sot deemools: „D'Regierung ass sech eens, wat se wëllt maachen.“ Okay. „Also dës Majoritéit“, esou den Här Bettel, „engagéiert sech fir den Text, dee mer hunn, dass mer op lokalem Niveau eng Rëtsch vun Dispositionen hunn, wou d'Gemengen d'Méiglechkeet hunn, kënnen op hirem Territoire esou eng Disposition ze huelen.“ Sou den Här Bettel.

Dass net all Gemeng e Polizeireglement hätt, wat d'Vermummungsverbuuet géif virgesinn, gouf natierlech net gesot. Dass d'Formulation vun dem Verbuuet ganz ënnerschiddlech wier tëschen deenen eenzelne Gemengen, gouf net gesot. Dass esou eng Approche an der Praxis d'Strooss net géif halen, gouf wuel net beduecht oder vläicht wëssentlech net gesot. Dass herno de Statsrot och nach verfassungsrechtlech Zweifel mat der Regierungsap-proche hat, dass een e Burkaverbuuet iwwert d'Gemengereglementer kéint regelen, koom nach zousätzlech derbäi.

Et gouf du vu Regierungssäit gesot, et hätt ee keng aner Approche ewéi fréier CSV-Justizministern an där Fro. Dat ass richtig, jo. Mä wann een untrëtt, Dir Dammen an Dir Hären, mam Usproch, den CSV-Mief, dee misst eraus, et misst een alles aneschtens, alles besser maachen, da kann ee sech, wann et eescht gëtt, net all Kéiers hanner senge Virgänger verstoppen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Drëtzens, Fakt ass, no dem Depot vun der CSV-Proposition de loi kritt den Dossier dann awer, Här Kartheiser, mat allem Respekt vis-à-vis vun Iech, vläicht e bësse méi Stullgang. D'Eenegkeet bannent der Regierung gëtt wuel strapazéiert an eng gewësse Kakophonie gëtt da scho méi grouss.

Well am Abrëll 2016, also dräi Méint, véier Méint no dem Depot vun eiser Proposition de loi, kënnt den Aarbechtsminister Nicolas

Schmit mat engem Tweet. E schreift där anscheinend méi. Mä e schreift awer do: «La burqa...»

(**Interruption**)

Den Här Schmit, also Member vun der Lëtzebuerger Sozialistischer Aarbechterpartei, Member vun der Lëtzebuerger Regierung: «La burqa n'est pas compatible avec nos valeurs. Elle dégrade la dignité et l'égalité des femmes. Il faudra l'interdire dans la clarté.» Dat seet also den Här Schmit.

An e seet nach méi. Dem „Tageblatt“, dat der CSV vläicht manner no steet wéi der LSAP.

► **Une voix.** - D'„Lëtzebuerger Wort“.

► **M. Gilles Roth (CSV).** - „Er sei“, esou den Här Schmit, „das ganze bisherige Wischiwaschi und die Pseudo-Rücksichtnahme in der Frage leid. Man könne sie nicht über Umwege lösen. Die Politik“, esou den Här Schmit nach virun, „müsse eine klare Antwort (...) geben. Wir sind keine Gesellschaft mit kaschierten Gesichtern, in denen Frauen zum Burka-Tragen gezwungen werden sollen. Wenn Leute die Werte unserer Gesellschaft nicht akzeptieren wollen, dann sollen sie dahin gehen, wo das Burka-Tragen ein solcher Wert ist.“ Fin de citation vum Här Schmit.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Véiertens, e Bléck iwwert d'Grenze vun eisem Land eraus: Fakt ass, an eisen Nopeschlänner Frankräich a Belsch gëtt et och e generell Burkaverbuuet am gesamten öffentliche Raum. An der Belsch koom d'Initiativ vum Daniel Bacquelaïne, Member vum Mouvement réformateur, also der Partei vum aktuelle Premier an der Belsch, dem Charles Michel. D'Gesetzesproposition gouf duerno mat 136 Stëmmen derfir an zwou Abstentionen ugehall.

Et sief drun erënnert, dass dee franséische Gesetzestext souwuel an der Assemblée nationale wéi och am Senat mat iwwerwältigender Majoritéit ugehall ginn ass. Déi éischt Kummer huet den Text mat 335 Jo-Stëmmen, 1 Stëmm dergéint an 3 Abstentionen ugehall.

Am franséische Senat hunn 246 Senatoren derfir an een dergéint gestëmmt.

Déi franséisch Regierung huet sech 2010, d'Madamm Loschetter hat drop higewisen, an der Assemblée nationale folgendermoossen ausgedréckt: «La France n'est jamais autant elle-même, fidèle à son histoire, à sa destinée, à son image, que lorsqu'elle est unie autour des valeurs de la République: la liberté, l'égalité et la fraternité. Ces valeurs», esou déi franséisch Regierung, «sont le socle de notre pacte social; elles fondent le respect de la dignité des personnes et de l'égalité entre les hommes et les femmes. Ce sont ces valeurs», nach ëmmer déi franséisch Regierung, «qui sont aujourd'hui remises en cause par le développement de la dissimulation du visage dans l'espace public, en particulier par la pratique du port du voile intégral. Même si le phénomène reste pour l'instant limité, le port du voile intégral est la manifestation communautariste d'un rejet», ech widderhuelen, «d'un rejet des valeurs de la République.» Dat seet déi franséisch Regierung. «Revenant à nier l'appartenance à la société des personnes concernées, la dissimulation du visage dans l'espace public est porteuse d'une violence symbolique et déshumanisante qui heurte le corps social.»

Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV deelt dës Argumentatioun. Et gi Wäerter, déi sinn net verhandelbar. Mir liewen an enger fräiheetlecher Welt, wou deen een deen aneren an d'Gesicht kuckt, wou och en nonverbalen Austausch stattfënnt. An dësen Austausch fënnt an eisen Aen iwwerall dobaussen am öffentliche Raum statt.

Et sief niewebäi bemierkt, dass de Phänomeen a Frankräich net méi oder manner marginal ass wéi hei zu Lëtzebuerg. Et goung 2009 a Frankräich rieds vu ronn 1.900 Fraen, wouvunner der 270 outre-mer gelieft hunn, bei ronn 65 Milliounen Awunner. Zu Lëtzebuerg geet rieds - op e genaue Chiffer leeën ech mech net fest - vu 16 oder vläicht e puer méi Fraen, déi vollverschleiert sinn. Mir befannen eis also an äänleche Proportionen.

Et ass doriwwer eraus awer net esou - an dat soll een och ënnersträichen, well dat jo och dobaussen esou duergestallt gëtt -, well e Phänomeen marginal ass, dass eng Gesellschaft net däréi oder soll legiferéieren. Dat zielt net nëmmen an dësem Domän, mä a villen anere vun dem Lëtzebuerger a vun anere Stroflechter.

An der Belsch an a Frankräich goufen et Recourse géint d'Gesetzer virun de jeeeweilige Verfassungsrichter. A béide Länner ass festgehale ginn, dass e generell Vermummungsverbuuet net géint d'Verfassung géif verstoussen.

An dobäi wësst Der, dass déi belsch Verfassung praktesch eent zu eent op deene kruzialen Texter, déi hei spillen, deeselwechte Libellé huet wéi zu Lëtzebuerg.

Souguer den Europäesche Mënscherechtsgerichtshaff gouf beméit géint dat franséisch Verbuuet. Mä och déi Stroossbuerger Richtereren hunn onmëssverständlech festgehalten, dass kee Verstooss géif virleien. Si schreiwten: «L'interdiction (...) peut passer pour proportionnée au but poursuivi, à savoir la préservation des conditions du „vivre ensemble“, Objet vun eiser Proposition de loi, «en tant qu'élément de la „protection des droits et libertés d'autrui“.» D'autrui!

Fënneftens, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat, wat hei eis Proposition de loi an déi vun der Regierung trennt, ass eigentlech d'Fro no der Tragweid vum dem sougenannte Burka-oder Vermummungsverbuuet. Mir soen: „De Verbuuet muss iwwerall am öffentliche Raum spillen.“ D'Regierung seet: „De Verbuuet spillt just op eenzelne Plazen aus dem öffentliche Raum.“ An da gëtt eng Lëscht ugefuert, wou d'Verbuuet da méi oder manner konkret soll spillen.

D'Regierung argumentéiert, dass hiren Text sech um hollännesche Modell inspiréiert. D'Madamm Loschetter huet dat nach eng Kéier ënnerstrach an hirem Rapport. Si seet och, hiren Text wier méi equilibriert a géif den Ufuhrerunge vu Stroossbuerger Rechnung droen. Wat jo a contrario géif bedeuten, dass dat fir eis, d'CSV-Proposition, an ech mengen, dat zielt och fir d'Proposition vum ADR, net gëllt.

Or, Stroossbuerger huet sech genau op dem franséische Modell prononcéiert, un dee souwuel den Här Kartheiser wéi d'CSV sech alignéiert hunn. An duerfir gesi mir dat ganz einfach aneschtens. Et entzitt sech och, an dat muss ech ganz éierlech soen, eiser Kenntnis, ob deen hollännesche Modell iwwerhaupt schonns vun dem Senat oder der Tweede Kamer an Holland gestëmmt ass. Ech weess dat net.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - D'Eerste Kamer muss en nach stëmmen.

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Nee, et ass eng, déi et gestëmmt huet. Déi zweet eiser Meenung no net. Mä vläicht seet den Här Justizminister...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - D'Tweede Kamer ass am Fong hir Chamber, wann ech dat däréi esou soen, si ass zwar déi wichtegst, heescht awer „Tweede Kamer“, an de Senat ass eigentlech d'„Eerste Kamer“. D'Eerste Kamer huet nach net gestëmmt.

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Jo.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Et sinn nach Diskussionen op, si hu virun e puer Wochen ugefaangen.

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Et entzitt sech...

(**Interruption par M. Alex Bodry**)

Jo, an duerfir entzitt et sech - Här Bodry, Merci fir déi Präzisioun - awer ganz kloer eiser Kenntnis, ob dee Modell - an ech mengen, indirekt hutt Der d'Antwort elo schonns ginn - an Holland, wou d'Antwort sech also drop berëfft, iwwerhaupt scho rechtlech applikabel ass. A sollt dat wierklech net de Fall sinn, da muss ech awer als einfache Landdeputéierte soen, an ech mengen, et sinn eng Rei vun de Kolleegen,...

(**Hilarité et brouhaha**)

...déi dat och esou gesinn,...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Da musst Der Minister ginn, da sidd der kee Landdeputéierte méi.

(**Brouhaha**)

► **M. André Bauler (DP).** - Vu wat fir engem Land schwätzt Dir?

► **M. Gilles Roth (CSV).** - ...dann ass dat fir esou en aarme Jong wéi mech awer e staarkt Stéck,...

(**Exclamations**)

...dass eng Regierung sech öffentlech op e Modell stäipt, deen et rechtlech eigentlech iwwerhaupt nach net gëtt!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Et entzitt sech eiser Kenntnis duerfir. An ech kann doriwwer ewechgoen, mengen ech, dass och keen hollännescht Gericht, vu dass et den Text jo nach net gëtt, domadder befaasst gouf, a vu Stroossbuerger brauch ech net ze schwätzen.

D'Lëtzebuerger Regierung huet sech bei der Definition vun de Plazen dann, wou d'Verbuuet spillt, um rezente Lëtzebuerger - well beim hollännesche wier dat jo vläicht e bësse méi delikat - Fëmmgesetz inspiréiert. Fir de Statsrot stelle sech a sengem leschten Avis vum dem 28. Mäerz 2018 dach eng ganz Rei vu praktesche Froen, wat d'Uwendung vun dem Regierungs-

text ubelaangt. Déi bliewen, mengen ech, och nom Avis vum Conseil d'État, wat en Avis complémentaire war, onbeäntwert. An ech mengen, et ass ganz einfach och do un de Gerichter, herno ze tranchéieren.

An et ass och dee Punkt, op deem mir eis also am meeschten ënnerscheeden. Dir sot, den Austausch fënnt nëmmen op verschiddene Plaze statt, fir et verkiert ze soen, do wou e Service public erbruecht gëtt. Mir soen, den «vivre ensemble» fënnt un éischter Stell dobaussen op der Strooss, um Trottoir, do wou d'Leit sech kräizen, do wou d'Leit e Kaffi drénken, op de Spillplaz statt. Dat gesitt Dir aneschtens. A mir mengen, dass Dir Iech do géift iren.

Et stellt sech eigentlech d'Fro vun der Praktikabilitéit vun Ärem Gesetz. Op der Strooss, do däréi ech eng Burka droen. Am Bus net méi. Am Auto, do weess ech et net, ob ech eng Burka däréi unhunn oder net. Geet een an eng Verwaltung eran, muss de Schleier ausgedoe ginn, verléisst een d'Verwaltung, deet een en erëm un, an esou weider an esou fort.

Virun der Schoul, wou jo vill geplote Mamme stinn, um Trottoir, do däréi een d'Burka unhunn, an am Schoulhaff nees net.

► **Une voix.** - Dann erkennen d'Kanner hir Mamm net!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Wann ech mir dat eigentlech virstellen, Dir Dammen an Dir Hären, a mech nëmmen ee Moment an d'Haut vun deene Persounen versetzen, da muss ech mer soen: „Da bliewen ech besser doheem“, well da riskéieren ech wierklech net, mam Gesetz a Konflikt ze kommen.

An och fir d'Touristen, Dir Dammen an Dir Hären, déi vu méi wäit op Lëtzebuerg kommen, stellt dëst Gesetz dach en Obstakel duer. Well ech mengen, do brauch ee schonn e Guide touristique oder eng Gebrauchsanweisung, fir sech an deem ganzen Dickecht erëmfannen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Du kriss eng extra Landkaart.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Um Findel, wéi ass et um Findel?

► **M. Gilles Roth (CSV).** - D'CSV, Dir Dammen an Dir Hären - ech komme lues a lues zum Schluss -,...

► **Une voix.** - Eng „Bur-Kaart“!

(**Hilarité**)

► **M. Gilles Roth (CSV).** - ...ass duerfir géint dat vun der Regierung virgeluechtent Vermummungsverbuuet, wéi se dat och iwwerschrëift: «dans certains lieux» - mat x - «publics», wéi et esou schéin heescht. Éischtens awer och ganz konkret, well d'Gesetz, ech hunn dat virdu gesot, an der Praxis fir eis am wuerste Sënn vum Wuert d'Strooss einfach net hält.

An zweetens, an dat ass awer och en Argument, well d'Fräiheet an «certaines parcelles», déi ass net ze kréien! Net zu Lëtzebuerg an och net doriwwer eraus. Den öffentliche Raum, dat ass fir eis ee Ganzt. Entweder ass ee fir oder géint e Vermummungsverbuuet. Mä en halleft Vermummungsverbuuet, Dir Dammen an Dir Hären, mécht genausou vill Sënn wéi d'Ausso vun enger hallwer Schwangerschaft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Wourecht ass eigentlech, dass - jiddwereen heibannen an, ech mengen, och dobausse weess dat - hei d'Koalitionsraison sechs Méint virun de Wahlen méi staark war wéi de gesonde Mënscheverstand.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Duerfir ass d'CSV géint dee faule Kompromëss, deen dann och nach ënner engem komplizéierte Libellé muss vun der Regierungspartei verstoppt ginn.

(**Interruption**)

Eis, der CSV, geet et ëm den «vivre ensemble», ëm en oppent Zesummeliewen an eiser Gesellschaft. Här President, ech wëll ofschléissend betounen: D'CSV ass géint d'Burka am öffentliche Raum. Mir soe jo zu Reliounen zu Lëtzebuerg. Mir soe jo zu Ausdrucksformen vun de Reliounen an eisem Land, mä Ausdrucksformen, déi zu Lëtzebuerg passen, Ausdrucksformen, déi eis Grondwäerter, eis Gräich, eis Verfassung an eis Gesetzer an domadder och Land a Leit hei zu Lëtzebuerg respektéieren an net mat Féiss trëppelen.

Mir brauchen dofir eng Sensibilisation, Dialog an Erzieung fir méi Rechter a fir méi Dignitéit vun der Fra, fir méi Chancëgläichheet tëschen Mann a Fra. D'CSV wëllt mat hirer Gesetzesproposition de Gesellschaftsvertrag vun eiser



Gesellschaft oprechterhalen. Mir wëlle sécherstellen, dass mir eis och an Zukunft nach een deen aneren an d'Aen, virun allem an d'Gesicht kënne kucken. Mir wëlle sécherstellen, dass eis Gesellschaft oppe bleift. Mir wëlle sécherstellen, dass eis Fräiheeten net opgespléckt ginn.

D'Fräiheet ass net just en Usproch vum Einzelnen am Hibleck op säin eegent Liewen, mä d'Fräiheet ass zugläich och e Moosstaf fir den Émgang mat aneren. An dat zielt net nëmmen op eenzelne Plazen, mä iwwerall hei zu Lëtzebuerg.

D'CSV stëmmt duerfir de Gesetzesprojet vun der Regierung net, an ech soen lech Merci fir d'Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An nächste Riedner ass den Här Alex Bodry fir d'LSAP.

(Interruptions)

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo, ech mengen, ech muss e bësse méi laang aushuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no deene Fanfaréklang hei vum Här Roth géif ech probéieren, vläicht e manner euphoreschen Toun hei unzestëmmen an an deem ganz schwierere Feld vun Ofweie vu verschiddene Rechter a Grondfräiheete sachlech ze bleiwen. Well dat musse mer hei bleiwen. Ech mengen, dass keen, dee sech an d'Matière anzeschaffe versicht, sech d'Äntwert op déi Fro, ob ee soll gesetzlech legiferéieren an deem heite Beräich a wéi een dat soll maachen, sollt einfach maachen.

Ech wëll och kloerstellen, entgéint deem, wat ee vläicht kéint mengen, dass et an deene meeschten Länner an Europa, an deene meeschten Demokratie keng national gesetzlech Regelung gëtt, wat d'Vermummung ugeet, a keen nationaalt Burkaverbuet gëtt. Et ass eng Minoritéit vu Länner, eng wuessend Unzuel vu Länner, dat ass wouer, mä eng absolut Minoritéit vu Länner, déi de Wee vun engem gesetzleche Verbuet vun der Verschleierung vum Gesiicht gaangen ass.

Dat sinn zu engem gudden Deel och Länner, wou de Phänomeen méi Envergure huet, wéi dat hei zu Lëtzebuerg ass, soudass mer vläicht eis och doriwwer eens setzen, dass natierlech de Fait, dass 10, 20 Leit sech géife vollverschleieren, net eng riseg eminent Menace fir den Ordre public an och fir d'Zesummeliewen hei zu Lëtzebuerg duerstellt.

Et ass awer e Phänomeen, deen ee muss am A behalen a wou et, mengen ech, och soll politesch Signaler ginn. A mir sinn der Meenung, dass esou e politesch Signal vun dem Regierungstext ausgeet, dee kloer genuch ass, dee weist, dass mer der Meenung sinn - dat gëllt zumindest fir d'LSAP-Fraktioun -, dass eng Vollverschleierung vun der Fra net zum Gesellschaftsbild zu Lëtzebuerg gehéiert an dass dat net soll virkommen.

Mä mir müssen eis awer och bewusst sinn, dass mer eis hei am Beräich vun enger Aschränkung vun individuelle Fräiheete bewegen, sief dat d'Protektioun vum Privatliewen, sief dat och d'Reliounsfräiheet. Well et si genau déi doten zwou Grondfräiheeten, déi jo och gekuckt gi si vun dem Europäesche Gerichtshaff vun de Mënscherechter, deen och gesot huet, dass dat hei eng Aschränkung ass - ganz kloer -, déi gewëssenen Zilsetzung muss entsprechen an déi och virun allem muss proportional sinn.

An d'Uerteel ass, dat hutt Der gesinn, ganz virsiichteg an där doter Fro an iwwerléisst eigentlech den nationalen Autoritéiten eng grouss Appreciationsmarge, nodeems se e gewëssene Kader gesat hunn. Wann Der den Detail och vun deenen Arrête gekuckt hutt, sief et deen, wat déi franséisch Gesetzgebung betrëfft, wéi och deen, deen déi belsch Gesetzgebung betrëfft, gesitt Der, dass et ëmmer och divergent Meenunge bei de Riichtere gi sinn, déi mat grousser Ferveur och an dissidente schréfftleche Positioune festgehalen gi sinn.

Also et ass eng Fro, déi och juristesch kontrovers bleift an déi politesch och kontrovers diskutéiert gëtt an enger ganzer Partie Länner. Wa Lëtzebuerg deen heite Schrëtt mécht, da komme mer an d'Zuel vun deene Länner eran, déi e Burkaverbuet national virgesinn, an da sinn dat, no menger Rechnung, siwe Länner vun 28 vun der Europäescher Unioun. Dat heescht, 21 Länner an Europa hunn et net fir néideg fonnt bis elo, an deem dote Beräich ze legiferéieren. Dat nëmmen, fir den allgemenge Kontext duerstellen, fir net den Androck ze ginn, mir wären hei déi Allerlescht an all déi

aner hätte schonn alleguerten déi Saachen do geregelt. Dat ass net de Fall.

All Land deet sech schwéier mat deenen dote Problemer, a mat Recht, well et ëm d'Ofweie geet vu verschiddene Fräiheeten, déi a Kollisioun sinn, an et muss een decidéieren, wat ee schlussendlech als méi staark a méi schützenswäert empfindet wéi dat anert. Ass et d'Recht, sech kënne fräi ze kleeden? Oder ass et d'Recht, fir aner Fräiheeten ze schützen do-duerjer, dass Leit net dierfen en Zesummeliewen duerch hirt Behuelen erschwéieren oder praktesch onméiglech maachen? Dat ass déi Fro, déi mir eis alleguerten ze stellen hunn an déi mir als LSAP och beäntwert hunn.

Mir si fir e Vermummungsverbuet. Mir waren der Meenung, dass, wann déi kommunal Grondlag duergeet, een dat soll op dem kommunale Plang maachen, wéi dat zënter iwwer 100 Joer hei zu Lëtzebuerg geschitt! Bis op den Ufank vum leschte Jorhonnert ginn déi éischt Polizeireglementer zrëck, déi e Verbuet, säi Gesiicht ze verstopen, festgehalen hunn. An de Polizeireglementer! Ech selwer hunn nach, deemools war ech nach Schaffén zu Diddeleng, do hu mer nach eis Polizeireglementer frësch geschriwwen an den 90er Joren an do hu mer och eist Vermummungsverbuet zu Diddeleng bäibehalen, well mer gemengt hunn, dat wär gerecht.

Dat hat awer näischt mat der Burka ze dinn a mam Nikab ze dinn! Dat ass eng Diskussioun, déi méi spéit erakomm ass an déi natierlech déi Diskussioun an eng gewësse Richtung orientéiert huet an hir eigentlech en emotionale Charakter ginn huet, dee se bis elo net hat. Wéi mer déi doten Diskussioun am Gemengerot zu Diddeleng haten, ech kann lech soen, dat war an enger Minutt eriwuer, deen dote Punkt, well een dat u sech aus reng sécherheetspolitesche Consideratioune gekuckt huet.

Elo ass et awer esou, dass et gutt Argumenter, juristesch Argumenter gëtt. Mä déi gëtt et eigentlech schonn net just zënter e puer Joer, déi gëtt et schonn zënter méi laanger Zäit. Well an der Belsch sinn eenzel Jurisprudenzen an déi dote Richtung gaangen, déi gesot hunn: Opgepasst, d'Gemenge kënnen zwar iwwer Polizeireglement all Froen traitéieren, déi mat der Sécurité publique a mat der Tranquilité publique ze dinn hunn - dat ass jo dat, wat hei och viséiert ass mat deem Vermummungsverbuet -, mä wann eng Reliounsfräiheet doduerjer zum Beispill tangéiert gëtt, da geet dat net méi, well ënner anere dem déi belsch an déi Lëtzeburger Verfassung soen, dass d'Reliounsfräiheet geschützt ass!

Och den Exercice même public vu senger Relioun ass zu Lëtzebuerg geschützt, wëll ech och nach eng Kéier hei betounen. Dat gëllt fir all Reliounen a besonnesch fir all unerkannte Reliounen. An ech wëll och mat ervirhiewen, dass och den Islam zu den unerkannte Reliounen hei zu Lëtzebuerg zielt, fir dat och nach eng Kéier kloerzemaachen, dass een och do keng Diskriminatioun ka maachen: op där enger Säit, wéi dat a Bayern geschitt, am léifsten och souguer d'Kappduch verbidden iwwerall, an da gläichzäiteg de Kruzifix op sämtlech Diere vun den Amtsstuben a Bayern hänken. Esou geet dat net!

Et muss een also dat am Kapp hunn, dass do e Problem vu juristesch Rechtssécherheet besteet, ob déi besteend Interdiktiounen fir d'Vermummung, déi ursprénglech net fir de Fall vun der Verschleierung vun de Frae geduecht waren, sech och op déi kënnen applizéieren, ob déi an där doter Hypothese nach kënne gëllen. A wéi gesot, do gëtt et eenzel Jurisprudenzen, notament an der Belsch, déi dat scho gesot hunn, dass dat net geet. Soudass sech also... An dat war ëmmer eis Positioun: Mir si fir e Vermummungsverbuet. Mir si fir e Vermummungsverbuet am léifsten op lokalem Niveau, wann dat déi néideg Rechtssécherheet bréngt. Mä wann dat net de Fall ass, da musse mer legiferéieren.

An dat war och d'Demarche, déi schlussendlech d'Regierung gemaach huet iwwert deen Avis, dee se beim Statsrot ugefrot huet. An de Statsrot huet jo an engem ganz savanten Avis déi Distinction gemaach, déi opbaut och op d'Proposition oder d'Positioun, déi sech an der Doktrinn an der Belsch an a Frankräich erëmfënn, fir ze soen, et misst een ënnerscheeden tëschent engem Ordre public moral a matériel. Matériel, dee ka geregelt gi vun de Gemengen, well deen och an de Beräich vun der Sécurité an der Tranquilité publique erafällt. Awer en Ordre public moral, dat kann eigentlech nëmmen iwwer e Gesetz festgeluecht ginn.

Dat ass dee Wee, dee schlussendlech d'Regierung, opgrond vun deem Avis vum Statsrot, och gaangen ass. Dat ass déi Approche, déi d'LSAP-Approche eigentlech vun Ufank u war: sécherzestellen, ob Rechtssécherheet besteet. Wann déi Rechtssécherheet net do ass, da muss een national legiferéieren.

Et ass dee Wee, dee schlussendlech d'Regierung gaangen ass. An ech mengen, dat ass deen Appell, deen och den Nicolas Schmit gemaach huet, dass et Zäit géif ginn, elo do och national ze legiferéieren.

D'Fro, ob et opportun ass, an dësem Moment dat ze maachen, déi bleift op. Déi muss jiddweree sech selwer stellen. Si mer momentan an esou enger Stresssituatioun an deem dote Punkt, dass ee muss e Strofgesetz hei aféieren? Déi Fro muss ee sech stellen.

An et muss ee sech natierlech och d'Fro stellen, mä mir hunn awer d'Äntwert drop ginn, wann een nëmme mat de Wäerter argumentéiert - an dat fënnt een an deem Uerteel vu Stroossbuerg awer net erëm -, wann ee mat de Wäerter argumentéiert - also wann ee Wäerter net deelt, kann een eigentlech jo net géint Wäerter verstoussen; et kann ee Wäerter net deele vun aneren -, ob dat muss ënner Strof gestallt ginn. Dat ass jo eng Fro, déi ee sech muss stellen, ob an enger fräier Gesellschaft de Fait, dass ee bestëmmte Wäerter net deelt, ob een dat muss penal sanktionéieren.

Et gëtt vill Saachen, déi engem net gefalen, e Behuelen... Et ass mir net wuel, wa Rietsextremist rassistes Riff maachen an enger Manifestatioun, mä ech géif awer mengen, dass och d'Meenungsfräiheet esou wäit geet, dass déi awer nach weider dierfen demonstréieren. Dat ass also ëmmer eng Ofweigung, déi ee muss maache vu Fall zu Fall, an déi musse mer och an deem heite präzise Fall maachen.

An am Zweifelsfall, soen ech ëmmer, wann et ëm eng Aschränkung vun enger Fräiheet geet, fir aner Fräiheeten ze schützen - dat halen ech gäre gutt -, muss een ëmmer virsiichteg sinn, muss een ëmmer éischer méi kuerz usetzen, versichen, de Perimeter vun der Strofbareket méi enk ze setzen, anstatt fir alles no baussen nëmmen opzemaachen. Et ass en delikate Punkt.

Mir haten och an dësem Haus, et ass scho méi laang hier, schonn Diskussiounen iwwer Ordre public a wat misst gemaach ginn, fir den Ordre public ze respektéieren, a wéi een do misst gesetzlech virgoen, wat ee misst verbidden an esou. Dat sinn alles delikat Froen! Duerfir, esou een deem aneren hei Virwërf maachen, zumindest ënnerschwelleg, déi eng wäert méi oder manner fir d'Fräiheeten, dat ass geféierlech an deem heite Beräich, well mir hunn et hei mat engem Konflikt vu verschiddene Fräiheeten a Grondrechter ze dinn. Also duerfir mengen ech, an der Argumentatioun an am Tounfall vläicht e Krack erofgoen, dat wär an deem heite Fall net schlecht.

Et bleift also, dass mer et hei mat engem Gesetz ze dinn hunn, dat d'Vollverschleierung national verbitt, wat concurrente eigentlech nach kommunal Polizeireglementer bestoe léisst; déi sinn net ofgeschafft. Allerdéngs stellt sech d'Fro, wa se natierlech kontradiktöresch wäeren zum Gesetz, da géife se sech an deenen Dispositiounen, mengen ech, eigentlech net méi kënnen applizéieren. Opgrond vun dem Prinzip vun der Hierarchie vun den Normen ass de Règlement de police communal natierlech ënnert der Norm vum Gesetz. Et bleift also méiglech, och do weider op lokalem Plang kënnen an deem dote Beräich aktiv ze ginn an ze reglementéieren.

Firwat deen heite Modell schlussendlech an net en anere Modell? Et wär sécherlech méi einfach gewiescht, an och dat hu mer an eiser Partei net eréischt virun e puer Méint, mä virun e puer Joer schonn diskutéiert, fir ze soen: „Ma mir huelen emol einfach dat, wat d'Fransousen an d'Belsch hunn.“ Dat hu jo och den Här Kartheiser an den Här Roth méi spéit gemaach.

Mir waren der Meenung, dass dat e bëssen ze einfach wär. Och wann ech mer bewusst sinn - ech si laang genuch an der Politik dobäi -, dass esou einfach Regelungen einfach ze erklären sinn no baussen. An als Politiker ass ee vläicht an engem éischte Reflex tentéiert, deen einfache Wee ze goen, anstatt sech dach awer e bësse méi an d'Déift vun deem Ganzen eranzeetzen.

An ech hu mer déi Diskussiounen och e bëssen ugekuckt, déi an deenen eenzelne Länner waren. Och dee franséischen Text sollt am Ufank net esou ausgesinn, wéi e schlussendlech ausgesinn huet. Deen ass opgrond vun enger politesch atmosphäresch ganz staark gefierfter Debatt esou ginn.

Déi Kommissioun, déi iwwert d'Parteigrenzen eraus agesat gi war, déi huet op engem äänleche Modell geschafft wéi deen, dee schlussendlech vun enger vun den hollänneschen Chamber gestëmmt ginn ass, fir méi anzéienken a fir méi spezifesch Situatiounen zrëckzebehalen. Schlussendlech ass et awer op en anere Wee gaangen, well d'Atmosphär och relativ vergëft war an d'Diskussioun eigentlech total emotional gefouert ginn ass.

An Holland hunn ech nogefrot: Wéi ass deen hollänneschen Text entstanen? Deen ass entstanen, well déi viregt liberal sozialdemokratesch Regierung e Virschlag gemaach huet, dee méi wäit gaange war, an hire Conseil d'Etat - net d'Eerste Kamer, de Senat, mä si hunn och e Conseil d'Etat, deen da berodend agräift - huet a virulenten Avisen zwou Propositionen reje-téiert, déi him a sengen Aen ze wäit gaange sinn, well e gesot huet: „Dir musst dat méi op spezifesch Situatiounen spezifizéieren.“

An dat huet dozou gefouert, dass dann en neien Text gemaach ginn ass, deen, dat wëll ech awer soen, vun enger onheemlech breeder Majoritéit vun hirem Parlament gestëmmt ginn ass, déi vun der Aarbechterpartei bis hin zum Wilders gaangen ass. Also e relativ breeden Text ass do gemaach ginn an dee läit elo beim Senat. An de Senat, deen huet eng Rei vu Froen gestallt.

An de Senat, an dat ass déi Partikularitéit an hirem System, dee kann näischt méi ëmännere goen. De Senat ka just Jo oder Nee soen. Deen huet net d'Befugnis, fir Amendementen ze maachen, wann déi éischt Chamber sech schonn eng Kéier dozou an engem Vott ausgeschwat huet. An déi hunn elo eng Rei vu Froen un d'Regierung gestallt an do soll dann am Juli, mengen ech, déi Debatt bei hinnen do weitergoen. Den Text ass nach net d'application bei hinnen.

Ech hu matkritt, dass och am Quebec eng Diskussioun ass, fir éischer no dem Lëtzeburger Modell - esou misst een dat dann nennen, wann d'Gesetz hei gestëmmt gëtt - virzegoen, fir och keen allgemenge Verbuet am öffentleche Raum ze maachen, well dat och hinnen ze wäit geet. Vill Leit wéi den Trudeau si géint eng gesetzlech Regelung - hien huet dat ganz kloer gesot - vum Burkaverbuet. Also och déi Stëmme si ganz staark an deene Länner, wou d'öffentlech Fräiheeten traditionell ganz héichgehal ginn. An duerfir ass dat, wéi gesot, eng Diskussioun, déi a Bewegung ass.

Ech hu mech och e bëssen ëmgekuckt, wéi d'Diskussioun an Däitschland ass. Dat hutt Der sécherlech och matkritt. An och do seet d'Majoritéit vun de Verfassungsrechtler, allerdéngs a Bezug op déi däitsch Verfassung, déi d'Reliounsfräiheet ganz héich ophänkt: Dat do geet net. En allgemengt Verbuet fir d'Droe vu Burka an Nikab, déi fir déi Leit, déi se droen, als reliöst Bekenntnis gëllen, dat geet net.

An dat ass och eigentlech eppes, och den däitsche Bundestag, deen huet sech schonn am Joer 2010, wéi d'Diskussiounen a Frankräich an an der Belsch lassgaange sinn, eng Kéier mat där Fro beschäftegt an engem relativ laangen Avis, fir ze kucken, wéi dann déi rechtlech Situatioun an Däitschland wär.

A wéi gesot, de wëssenschaftlechen Dienst vum Bundestag kennt an enger Ausarbeitung: „Das Tragen einer Burka im öffentlichen Raum“ zu folgende Konklusionen - et ass, wéi gesot, e Rapport, eng Expertise vu villen, mä et ass awer trotzdem interessant, dat ze liesen -, déi seet: „Das Tragen der Burka im öffentlichen Raum wird von Artikel 4 des Grundgesetzbuches geschützt. Ein generelles Verbot der Burka im öffentlichen Raum verstößt gegen das Neutralitätsgebot des Grundgesetzes und lässt sich verfassungsrechtlich nicht rechtfertigen. Ein Verbot kommt nur im Einzelfall als Ergebnis einer Abwägung mit kollidierenden Verfassungsgütern in Betracht.“

Et ass also eng relativ ferm Ausso, dass en allgemenge Verbuet vum dem Burkadroen am öffentleche Raum no däitschem Recht, hirer Meenung no, verfassungsrechtlech net ze vertrieide wär an net géif duerchgoen. Dat nëmme fir ze soen, dass ee muss nuancéieren, dass een déi Debatt muss kucken: Et ginn Argumenter an déi eng Richtung, et ginn Argumenter an déi aner Richtung.

Natierlech huele mer och gären zur Kenntnis, dass d'Mënscherechtsgericht net gesot huet, all Land misst e Burkaverbuet aféieren, mä gesot huet, ënnert deenen an deene Konditioune kann e Burkaverbuet ugesi ginn, dass et net konträr ass zur Konventioun vun de Mënscherechter.

Et muss een also wëssen, dass dat do eng kontrovers Fro ass, eng delikat Fro ass, dass mer eis do op engem relativ glätschen Terrain als Legislatuer bewegen. An duerfir mengen ech, dass et gutt war, dass mer eis e bëssen Zäit gelooss hu mat där doter Diskussioun. Well net all Parteien hu jo déiselwecht Meenung iwwert déi ganz Zäit hi gehat.

Den ADR, dee war och schonn ënnert der viregter Koalitioun manifestement en nationaalt Burkaverbuet, soss wär déi Fro jo vum Här Kartheiser, denken ech, un déi viregt Regierung net gestallt ginn. An den ADR huet och, allerdéngs aus sécherheetspoliteschen Iwwerleeungen, a sengem Wahlprogramm stoen, dass e wëllt en nationaalt Burkaverbuet hunn. Ech



hunn dat nogelies. Ech kucken ëmmer, e bëssen ze dokumentéieren, wéi dann esou d'Entwécklung vun de Parteien ass an deenen eenzelne Froen.

An der CSV hir Positioun war eigentlech déi, dokumentéiert duerch eng gemeinsam Äntwert, net nëmme vum Här Biltgen mat der Madamm Delvaux, mä och vum Här Halsdorf - den Här Halsdorf, aktuell nach Member hei vun der CSV-Fraktioun -, deen a senger Fonctioun als Innenminister zesumme mam Här Biltgen als Justizminister a mat der Madamm Delvaux an enger gemeinsamer - déi war op Regierungsniveau ofgestëmmt - Positioun gesot huet 2011, esou laang ass dat nach net hier an d'Rechtslag huet och eigentlech net changéiert zënterhier, si wären der Meenung, dass et net noutwendeg wär ze handelen, well u sech déi kommunal Schinn, déi kommunal Grondlag, fir e Vermummungsverbuet ze reglementéieren, géif duergoen.

An ech hunn och nach ganz schnell den CSV-Wahlprogramm vun 2013 nogekuckt, well ech elo déi Verve hei notéiert hunn, mat där den Här Roth hei Selbstverständlecheete gesot huet a vu Revirement op Regierungsniveau geschwat huet, vun „Kakofonie“ op Regierungsniveau geschwat huet. Ma ech muss soen, déi Positioun, déi d'CSV haut huet, déi hat se net 2011 a si hat se emol net an hirem Wahlprogramm 2013! A si ass eréischt waakreg ginn, wéi den ADR eng Proposition de loi gemaach huet, wou se dann de franséischen oder belschen Text ofgeschriwwen huet.

Et muss een also soen, wat ass. Et ass net, dass iergendwéi eppes an der Rechtssituatioun geännert hätt an deenen dote Joren. Et war fir d'CSV esou en onwichtigen Thema, dass en hir emol net an hirem risego Wahlprogramm vun der leschter Kéier eng Piiicheszeil wäert war. An elo triede se hei op, wéi wa si eigentlech praktesch d'Verteideger vum Abendland wäer géint déi Leit, déi hei wélten eist Zesummeliewe füttmaachen.

Duerfir géif ech mengen: alleguerten e bësse Bescheidenheet! Bei eis war och net rieds, ech mengen, och bei der DP net a bei deene Gréngen net, ier dass hei soll...

(Interruption)

Ma selbstverständlech, jo, sécher! Mä eisen Tounfall ass jo hei e bëssen en aneren an där heiter Fro.

(Interruption)

An dass mer also der Meenung waren, opgrond och vum Fait, dass, dat soen ech ganz kloer, elo Texter virlouchen, an opgrond vun deem Avis, dee beim Statsrot gemaach ginn ass, dass een net kann an eng Jo-Neen-Logik erakommen, mä dass ee muss probéieren, hei vläicht och e Konsensus ze erreechen op engem klore politesche Message iwuer e Gesetz, dass d'Verschleiung net gewünscht ass hei zu Lëtzebuerg, mä et awer esou ze maachen, dass mer net iwwert d'Zil erausschëssen an d'privat Recht, sech unzedoen, wéi ee wëllt, d'privat Recht, säi Liewen ze gestalten, wéi ee wëllt, dass mer dat net fundamental doduerjer a Fro stellen.

Dat ass also de Firwat dass mer op dee Wee gaange sinn: sécherlech e Vermummungsverbuet national anzeféieren - dat ass de Message, mengen ech -, awer et esou ze maachen, dass mer net iwwert d'Strängt schloen.

Den Text vun der Regierung gëtt elo attackéiert, haaptsächlech: „Oh, en ass onpräzis, et weess een net genau, wat drënnerfält.“ Ech menge schon, dass en esou präzis ass wéi ganz vill aner Texter. Wéi gesot, Froen, wou et beim Fëmmgesetz kee Mënsch interesséiert huet, ob dat präzis genuch wär. Do ass et jo nëmme 10, 20 ronderëm, mä e bësse méi, an dat sinn elo Froen, déi och de Statsrot vill méi streng kuckt, wéi en et nach gemaach huet bei deem doten Text. Et gesäit een also och do, dass eigentlech net ëmmer mat darselwechter Messlatte verschidden Texter gekuckt ginn, jee nodeem, a wat fir engem Domän dass se spillen.

Ech mengen, dass d'Situatiounen, déi hei an deem Text elo kloer als Perimeter vun der Strofbarkheet definéiert sinn - et sinn déi vun de Schoulen, vun de Kannerstrukturen, Betreungsstrukturen, et sinn déi vun de Spideeler, vun den Altersheimer, vun de Fleegeheimer, et sinn déi vun der Justiz, et sinn déi vun den Administratiounen an et sinn déi vum öffentlichen Transport -, dass dat genuch ass, dass dat och duergeet, fir de Message ze maachen. An ech mengen och, dass dat déi Fraen, déi tentéiert wäeren, d'Burka ze droen oder den Nikab ze droen, dovunner géif ofhalen, fir dat ze maachen. Ech géif also mengen, dass den Zweck an deem Fall erfüllt ass.

Et muss een allerdéngs och soen, an et ass erstaunlech, dass bis elo keen dat ugeschwat

huet, dass vill geschwat ginn ass, wat fir eng Gesetzter dann eenzelner vun eisen Nopeschlänner hunn, mä komescherweis net gefrot ginn ass: „Ma wat hunn déi Gesetzter da bruecht?“ Dat war jo immens, dass mer kënne profitéieren: Wat fir en Effet hat dat Gesetz an der Belsch an a Frankräich? Et ass erstaunlech, dass do och an deene Länner - do wäerten et jo och vläicht parteipolitesch Ursache ginn - souwäit ech weess keng richteg Evaluatioun gemaach ginn ass. Et ass jo awer dat, wat mer awer ustriewen, dass mer méi sollten, wa mer nei Gesetzter maachen, emol kucken: Wat huet d'Gesetz bruecht? Sinn déi Zilsetzungen erreecht ginn, déi mer haten?

Dat Eenzegt, wat ech fonnt hunn, dat war am „Monde“: Déi hunn 2015, no fënnef Joer Applikatioun vun hirem Text, eng Rei vun Informatiounen zesummegebroen an do gesäit een eent, dass de Phänomeen net fort ass. De Phänomeen ass mat der Strofbarkheet och an där larger Measure am öffentlichen Raum net verschwonnen. En huet souguer am Ufank dozou gefouert, dass eenzel Leit aus Trotz ugefaangen hunn, sech ze verschleiern, well se dat als Aggressioun betruecht hunn - zu Recht oder zu Onrecht - par rapport zu hirem Glawen. Et hunn also méi Leit ugefaangen, sech ze verschleiern, wéi dat virum Gesetz de Fall war.

Si hu ronn an deenen éischte Joren eng 300 Contraventionne pro Joer gehat. Mä déi Zuel ass net erofgaangen. Dat heescht, dass de Phänomeen also zumindest och bäibehale ginn ass, soudass een emol op jidde Fall ka soen, wann den Zweck gewiescht wär, dee Phänomeen do radikal ze enrayéieren, dass den Zweck vun deem Gesetz, wat elo hei gedroe gëtt vun dem ADR a vun der CSV, net erreecht ginn ass a Frankräich.

Fir d'Belsch, muss ech soen, hunn ech näischt fonnt. Wat erstaunlech ass, muss ech erëm eng Kéier betounen. Wann een esou Texter mécht, sollt een awer e bësse kucken, wéi dat dann an der Praxis am Endeffekt leeft.

Mä et ginn dann och Polizisten, déi zu deene gesot hunn: „Lauschart emol, also mir hunn och aner Saachen ze dinn, wéi de Fraen an der Burka do nozelaafen dee ganzen Dag! Mir hunn aner Prioritéiten an eiser Polizeiaarbecht, wéi dat doten ze maachen.“ Den Ordre public gëtt eigentlech duerch aner Punkte méi betraff wéi duerch esou Phänomeener, soudass sécherlech dat doten, mat Recht, wa se e Choix ze treffen hunn, net onbedéngt dat Éischt ass, wou se all hir Aarbecht drop konzentréieren. Ech denken, egal wat den Text ass, dass dat zu Lëtzebuerg och net wäert anescht sinn.

Et bleift also, dass sech déi Fro och bei eis hei muss stellen. An ech géif dat och proposéieren, dass d'Regierung sollt elo scho festhalen, dass een no enger Rei vu Joren awer och eng Kéier kuckt, egal wat fir en Text hei gestëmmt gëtt, wéi dann d'Applikatioun vun deem doten Text war, fir dass een dat ka kloerstellen.

Ech wëll och soen, dass entgéint deem, wat d'Auteurs vun de Propositions de loi ADR an CSV hei behaupten, och hir Texter net an alle Punkte kloer sinn. Och do ginn et Zones d'ombre. Wou ass dann de Perimeter vum Lieu public? An ech betounen et hei nach eng Kéier: Et gëtt zu Lëtzebuerg keng gesetzlech allgemeng Definitioun vum Lieu public. Et gëtt Jurisprudenzen doriwwer. De Fait, dass et Jurisprudenz gëtt, beweist jo, dass et net ëmmer kloer ass, dass ëmmer muss vu Fall zu Fall gekuckt ginn: Wat ass dann e Lieu public?

An et gëtt effektiv eng Dispositioun am Code pénal - déi hätt eigentlech misse menger Ansicht no dann integréiert ginn an déi Texter vun de Propositions de loi, fir méi Kloerheet ze kréien, wat d'Auteurs drolechterweis net gemaach hunn -, wou eng Definitioun vum Lieu public besteet, mä déi awer kloer seet, dass déi Definitioun nëmme gëllt pour l'application vum Artikel 135-9 vum Code pénal, an dee betrëfft terroristesch Attentater mat Explosiffen.

Elo si mer awer hei net an deem Beräich vun den terroristeschen Attentater mat Explosiffen - an ech géif mer och net wënschen, dass mer dee Lien hei géifen herstellen -, soudass sech also hei d'Fro stellt: Lieu public ass net kloer definéiert. Och do ass et zum Beispill net sécher, wann dat do d'Definitioun wär, wann d'Gerichter déi géifen iwwerhuelen, ob den Transport en commun iwwerhaupt drënnerfält.

(Interruption)

Jo, e fiert drop. Et ass awer net d'Voirie. E fiert drop. Et ass net d'Voirie!

Well de Problem ass, dass an deemselwechten Artikel 135-10 zwou verschidden Definitioune stinn. Dat ass déi vum Lieu public, an déi ass kloer getrennt vun der Definitioun vum Système de transport public. Duerch déi Trennung ass en net an der Definitioun dra vum Lieu public. Et sinn zwou verschidden Definitioune, déi den Text vum Code pénal gëtt. Also géif

ech mengen, jiddefalls als Affekot géif ech dat ganz gäre plädéieren, wann Ären Text sollt zur Applikatioun kommen, fir ze soen: „Majo hei, Transport public fält net dodrënner, well deen Eenzege, wou Der lech drop referéiert,...“

(Interruption)

Oh, ech plädéiere ganz gären erëm!

...do ass dat net méiglech.“ Einfach nëmme fir ze soen, dass et ze einfach ass, ze soen: „Bei lech ass den Text net kloer a bei eis do ass den Text sonnekloer.“ Dat ass objektiv net wouer. Lieu public ass e Begrëff, dee schwammeg ass, deen och evoluéiert an der Zäit duerch d'Jurisprudenz. An deen ass zu Lëtzebuerg net an engem allgemenggültegen Text definéiert. Also déi Schwaachstell, déi Der epingléiert bei dem Regierungstext, déi kéint een och bei Ären eegenen Texter erëmfannen.

Ech wëll domadder schléissen. Fir eis ass et, mengen ech, als Sozialiste wichteg, dass mer deen Akt hei setze vun deem nationale Verbuet, well et méi Rechtssécherheet bréngt, well et och kloer eng politesch Ausso ass par rapport zu der Diskriminatioun vun der Fra, eng Ausso ass par rapport zu engem Zesummeliewen, wéi mir eis et hei virstellen, ouni dat awer um Bockel auszedroe vun enger ze grousser Aschränkung vun de perséinleche Fräiheeten, déi mer onbedéngt och an deem Land weider mussen héichhalen. Dat ass d'Positioun, déi mir hunn.

An ech fäerten, ech wäert mat engem Zitat ophalen, ech fäerten, dass dat kéint passéieren. An egal wat fir en Text dass mer haut stëmmen, wat am Avis ze liese war vun der Justice de paix vun Dikrech zu den Texter, dat huet mer awer relativ gutt gefall, vläicht net jiddwerengem, ech wëll et awer trotzdem zielen: «(...) tout porte à croire», selon la justice de paix de Diekirch, «qu'une fois l'effervescence actuelle au sujet des bures et autres niquabs retombée, l'interdiction de dissimulation du visage dans certains lieux publics visée à l'article 563,10° du code pénal sombrera dans la même désaffectation que notamment les dispositions des points 1°, 3°, 6° et 9° du même article visant les devins, pronostiqueurs ou interprètes de songes, les auteurs de violences légères, les vagabonds et mendiants et encore le racolage sur la voie publique.» Enn vum Zitat.

Merci.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Bodry. An nächste Riedner ass den Här Eugène Berger fir d'DP.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Mir diskutéieren haut direkt iwuer dräi verschidden Texter, wou, ech mengen, mer eis alleguerte beim Zil eigentlech eens sinn. Et geet drëm, d'Vermummung am öffentlichen Raum zu Lëtzebuerg ze verbidden. Mä et ass de Wee dohinner, d'Ausleeung dovunner, déi ënnerschiddlech ass.

Mir liewen an enger Gesellschaft, Här President, wou ee soll deenen anere Mënschen, dem Géigeniwwer kënne an d'Gesicht kucken. Dat ass fir eis d'Selbstverständnis an den Ausdruck vun enger fräier an oppener Gesellschaft. Dat ass fir eis och eng Fro vum «vivre ensemble»: Wéi wëlle mer zesummen - ech betounen „zesummen“ - an eiser Gesellschaft liewen? Et ass awer och eng Fro vun der Unerkennung an dem Respekt vun der Fra an der Gesellschaft.

E Kleedungsstéck, dat just zum Zweck huet, d'Gesicht vun enger Fra virun der Baussewelt ze verstopen, dës Fra doduerjer als mannerwäerteg duerstellen, ass net ze vereene mat eise Wäerter, wéi mir se zu Lëtzebuerg zanter Jorzéngte verdeedegen. D'Burka an den Nikab gehéiere genausou wéineg zu Lëtzebuerg, wéi datt se awer och zu enger Relioun gehéieren. Si si vill méi en Instrument vu Männer, an eisen Aen, déi hir Relioun mësbrauchten, fir Fraen ënner sech selwer ze stellen.

Ech mengen, et ass och schonn e puermol gesot ginn, wivill et der ongeféier sinn, an och wa mer zu Lëtzebuerg just ganz wéineg mat dem Nikab a menges Wëssens iwwerhaupt net mat der Burka konfrontéiert sinn, ass et awer an eisen Ae richteg a wichteg, datt mer haut en Zeeche setzen: en Zeeche fir den «vivre ensemble», awer eben och en Zeeche géint d'Ennerdréckung vun de Fraen. En Zeechen, datt mer net akzeptéieren, datt d'Reliounsfräiheet mësbraucht gëtt, fir de Patriarchismus aus aneren Zäiten ze reetabelléieren. En Zeechen, datt mer net akzeptéieren, datt zu Lëtzebuerg ee Geschlecht manner wäert soll si wéi dat anert.

► Une voix.- Très bien!

► **M. Eugène Berger (DP).**- Op dëser Plaz wëll ech och ganz däitlech soen: D'Vermummungsverbuet huet och näischt mat Reliounsfräiheet ze dinn. An dat gesi jo och d'Vertreder vun den europäesche Moslemen esou, déi ëm-

mer erëm betounen, datt de Koran mat kenger Zeil virschreift, datt eng muslimesch Fra hiert Gesiicht muss verstopen.

D'Vermummungsverbuet huet also och ganz vill, vläicht an eischer Linn, mat de Rechter vun de Fraen ze dinn. D'Fraerechtler an Europa an zu Lëtzebuerg hu sech Jorzéngten derfir agesat, datt d'Fraen déi nämlechte Rechter kréie wéi d'Männer. Mir kënne also net akzeptéieren, datt eng Mentalitéit, déi mer awer gemengt hunn, verdrängt ze hunn, erëm zrëckkënn. D'Vermummung ass fir eis och e klore Réckschritt par rapport zu den Acquisse vun de Rechter, och vun der Gläichstellung vun der Fra an eiser Gesellschaft.

Här President, ech hu virdru gesot, d'Burka huet näischt mat Relioun ze dinn. An ech mengen, duerfir sollte mer och ophalen, et als Ulass ze huelen, fir awer da géint Communautéiten ze hetzen, wéi een dat leider awer déi eng oder aner Kéier besonnesch op soziale Medien ka gesinn. Ech mengen, mir doen all Moslem och onrecht, d'Burka oder den Nikab mat hirer Relioun gläichzesetzen.

D'Regierung huet aus deene genannte Grënn e Gesetzesvorschlag gemaach, deen d'Vermummung an öffentlichen Aarrichtunge verbitt. Jo, d'Regierung huet mat hirem Text eng Solutioun presentéiert, déi an eisen Ae pragmatesch, equilibriert a realistesch ass. An et ass scho gesot gi vun der Rapportrice, där ech och hei wëll Merci soe fir hire Rapport vum Projet, dee vun der Regierung presentéiert ginn ass: Mir hunn eis um hollännesche Modell orientéiert. An en ass konform mat der Jurisprudenz vum Europäesche Gerichtshaff fir Mënscherechter.

Mäi Virriedner, den Alex Bodry, huet och eng Rei Remarque gemaach zum hollännesche Modell respektiv do zu der Prozedur, wou ech dann net méi weider wëll drop agoen. Mä awer och nach eng Kéier kuerz e Wuert zum Gerichtshaff fir Mënscherechter: Deen huet nämlech an Arrëten zu de Gesetzter a Frankräich an an der Belsch gesot, datt d'Vermummungsverbuet vereinbar mat dem Recht op d'fräi Kleederviel ass, fir datt déi sozial Interaktioun - ech betounen „Interaktioun“ - garantéiert bleift.

Effektiv ass jo eng Kommunikatioun mat enger Persoun net evident, wann een hiert Gesiicht net gesäit. An ech mengen, duerfir ass dat jo och de Punkt. D'Regierungspropos huet déi Approche, d'Vermummung op deene Plazen ze verbidden, wou déi sozial Interaktioun onerlässlech ass. Déi sozial Interaktioun, dat ass an de Schoulen, Kliniken, am öffentlichen Transport, an allen aneren öffentlichen Gebaier; ech ziele se elo net méi alleguerten op.

Wie sech also net un dëst Verbuet hält, gëtt mat enger Amende tëschent 25 an 250 Euro bestrooft. Dat ass effektiv déi niddregst Strof, déi eise Code pénal virgesäit. A mir sinn op alle Fall frou, dass mer mat dësem Text eng Léisung fonnt hunn, déi net an d'Extremer verfält an awer och net weider esou mam Laisser-faire virufiert.

Jo, Här President, ech wëll lech net verheemlechen, dat ass wéi an all Partei och bei der DP, datt deen een oder anere sech hätt awer kënne nach eng Variant, en anere Modell virstellen, dee vläicht méi an déi eng oder déi aner Richtung geet. Mä ënnert dem Stréch wëll ech kloer soen: De Projet vun der Regierung ass de gesonde Mëttelwee, mat deem mir zu Lëtzebuerg schonn oft de richteg Wee gaange sinn.

Et bréngt kengem eppes, weder eise Wäerter nach de Fraen, déi ënnert der Burka mussen liewen, wa mir haut als Virlag géifen dat strengste Gesetz an Europa stëmmen, wou jo eigentlech déi alldieglech Situatioun komplett ënnerschiddlech sinn. Ech mengen, d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg ass ënnerschiddlech wéi zum Beispill a Frankräich oder wann ech u verschidde Quartieren zu Bréissel denken. Et ass och scho gesot ginn, datt et och Länner ginn, déi guer keng Reglementatioun hunn. Also och do mengen ech, datt mer e Projet oder e Modell hei hunn, deen awer och adaptéiert ass un déi Situatioun hei am Land.

An ech mengen, mir dierfen och net vergiesen, Här President, datt déi Fraen, déi mer hei viséiere mat deem Gesetz, och oft, wann net bal ëmmer, selwer Affer sinn. Affer! Et gi warscheinlech Fraen, jo, déi eng Burka oder en Nikab undoen an déi soe géifen, datt se dat eigentlech géife fräiwëlleg maachen, mä et soll een awer trotzdem net vergiessen, datt se vu Klengem un esou erzu gi sinn. An da krute se e Fraebild vermittelt, dat ganz sécher net eiser Virstellung vu Gläichberechtigung entsprécht. An dës Fraen dann duerfir ze bestrofen, oder ze



vill ze bestrofen, dat wier eigentlech och net dee richtege Wee an eisen Aen. Mir misste se eigentlech am Fong geholl nach méi beschützen.

Ech wëll dann nach kuerz e Wuert un déijéineg riichten, déi mengen, mir géife mat dësem Gesetz d'Mënscherechter zu Lëtzebuerg hannergoen. Ech hu scho gesot, d'Gericht zu Stroossbuerg huet dat aneschtens beuerteelt. Ech wëll och nach eng Kéier hei drun erënneren, datt et och hei schonn zu Lëtzebuerg virun dësem Gesetz Vermummungsverbueter gouf, nämlech an de Polizeireglementer vu ville Gemengen, 47 un der Zuel. An dës Gemenge representéieren awer ëmmerhin 72,75% vun der Bevëlkerung hei zu Lëtzebuerg.

D'Stad Lëtzebuerg zum Beispill huet schonn esou e Vermummungsverbuet an hirem Polizeireglement säit 1902. Mir erfannen also hei och näischt komplett Neies, dat muss een och soen. Mir legiferéieren eigentlech just an engem Beräich, wou et bis elo un Homogenitéit am Land gefeelt huet, an awer och, jo, well de Statsrot eis gesot huet, datt dat juristescht uflechtbar wier, wa mer géife bei där exklusiver Solutioun op kommunalem Niveau bleiwen.

De Stat regelt also d'Vermummungsverbuet an den ëffentlechen Arichtungen an d'Gemenge kënnen och an Zukunft, muss een och soen, nach méi wäit goen, wa si dat wëllen. Mir als DP, mir plädéieren eigentlech fir déi zwee Instrumenter, also fir eng Kombinatioun, d'kommunal Reglementer an dat neit Gesetz zesummen ze applizéieren.

Dat heescht awer och ënnert dem Stréch, datt een dann d'Verstéiss och muss kënnen bestrofen. An ech hu mer soe gelooss, datt dat bei de Policereglementer bis elo net ëmmer de Fall war. Also et wier och normal a konsequent, wann d'Gesetz net just um Pabeier géifen existéieren, mä dann och um Terrain géifen applizéiert ginn, wann dann effektiv sech de Fall stellt. Mä wéi gesot, et sinn der jo ganz wéineg hei zu Lëtzebuerg, wann d'Statistike stëmmen.

Här President, ech hunn eigentlech dat Wesentlecht gesot. Déi puer Remarque gemaach, géif ech dann och hei den Accord vu menger Fraktioun zum Text vun der Regierung abréngen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Berger. An nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, ech mengen, ech soe fir d'Alleréischts der Madamm Loschetter an och dem Här Roth Merci fir hir Rapporten fir déi jeeeweileg Projeten, déi mer haut matdiskutéieren.

Ech sinn haut, wann ech hei stinn, ganz houfreg op meng Partei, well ech sinn der Iwwerzeugung, datt mer haut net géifen iwwer e Gesetz iwwert d'Burka hei am Land schwätzen, wann d'ADR net 2014 d'Initiativ geholl hätt. Ech gleewe kaum, datt dann d'CSV nokomm war an datt d'Regierungsparteien an der Folleg nokomm wären, soudatt ech, mengen ech, ouni Iwwerdreiwung eis awer kann do de Meritt dofir ginn.

D'Regierung huet ganz laang argumentéiert, dat ass hei schonn e puermol exposéiert ginn, datt et eigentlech keen nationaalt Gesetz bräicht, datt et géif duergoen, esou kommunal Reglementer ze hunn. An dann ass natierlech d'Fro, den Här Bodry huet dat genannt „eng delikat Fro“, wat dann d'Ursaachen dovun waren. An et goufen eng Rei Zitater hei bruecht.

Ech wëll lech och eent bréngen, mengen ech, wat ganz, ganz déif kucke léisst. Dat ass en Interview um Radio op RTL vum 26. November 2015 vum Här Dan Kersch, Banneminister vun dëser Regierung, iwwert d'Burka ënner anere, an en huet gesot, de Fokus vun der Weltëffentlechkeet misste mer elo net op Lëtzebuerg lenken.

Mir géifen also kee Burkagesetz huelen, fir datt aner Leit net mierken, datt mir zu Lëtzebuerg - dat ass elo dat, wat ech soen, net dat, wat den Här Kersch gesot huet -, also u sech, mir bräichten dat net ze maachen, mir sollten et net maachen, fir datt verschidde Kreesser op dëser Welt net drop opmierksam ginn, datt mir hei eppes maache géint eng bestëmmte Form vum Islam, net bestëmmte Risikoe géife provozéieren. An dat ass eigentlech dat, wat domadder gemengt war.

Ech muss soen: Den Här Bodry, mengen ech, an anerer hu gesot, mir sollten hei... Den Här Bodry huet och d'Urteil, net d'Urteil, mä den Avis vum Dikrecher Gericht virgelies an en

huet gesot: „Bon, d'Poliziste wäerten dat warscheinlech net duerchsetzen.“ Mä wéi kann dann eng Partei, déi seet, d'Poliziste kéinten dat net duerchsetzen, oder wäerten et warscheinlech net duerchsetzen, awer jorelaang argumentéieren, d'Pecherte sollten et duerchsetzen?

Well dat wär jo d'Konsequenz gewiescht, wa mer dat do net national geregelt hätten, mä um Niveau vun de Gemengereglementer. Dann hätte mer dat do um Niveau vun de Pecherte gelooss an dat wär jo nach vill méi schwieereg fir déi betraffe Leit, d'Agents communaux, wéi dat haut elo mat de Poliziste vläicht de Fall ass.

Et wor och net, an dat soen ech mat allem Respekt fir den Här Roth, et wor och net d'Initiativ vun der CSV, déi derzou bäigedroen huet, déi hei Saach elo no vir ze driewen, nodeem e Gesetzesvorschlag vun der ADR do war, mä et wor eng international Entwécklung!

Vun 2015 un, do hate mir schonn eist Gesetz laang deposéiert, koom déi grouss Migratiounswell, et koumen och vill méi Attentäter an Europa - ob do elo en Zesammenhang besteet oder net, wëll ech net diskutéieren - an et ass eng ganz grouss Sensibilitéit an der Opinion publique gewiescht iwwert déi heite Fro. An dat huet derzou bäigedroen, datt eben aner Parteien och do Initiative geholl hunn.

Ech wëll vläicht kuerz eng Kéier déi Positioun vun de verschiddene Parteien hei am Land beliichten. D'ADR hat sech positionéiert, d'CSV koom no. Bei de Sozialiste gouf et da vun engem Regierungsmember, vum Parteipresident och Stellungnamen. Bei der DP, dat huet mech ganz déif beandrockt, an net positiv, gouf et deemools e puer ëffentlech Verlautbarungen, prinzipiell géint d'Burka, mä: „Wat maache mer, wann de kuwaitesche Geschäftsmann op Lëtzebuerg kënnt?“ Geld sténkt net!

Entweder et vertritt een de Prinzip vun der Fräiheet a vun der Dignitéit vun der Fra, dann ass dat hei am Land de Fall, mä et ass awer net de kuwaitesche Geschäftsmann, deen eis Prinzipie soll a Fro stellen.

D'Jeunesse démocratique, muss ech soen,...

(*Brouhaha*)

► **M. Lex Delles** (*DP*).- Wien huet dat gesot an der DP?

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- D'Jeunesse démocratique hat awer gesot, mir sollten déi bestrofen, déi aner Leit zwéngen, eng Burka unzedei wéinst hirem Geschlecht. Awer dat ass net an dëser Regierungspropositioun, déi mir haut hei diskutéieren. Do gëtt deen net bestrooft, deen eng Fra zwéngt, eng Burka unzédinn. An domadder sinn ech scho gespaant, ob d'Jeunesse démocratique dann op dëst Gesetz reagéiert.

Mir haten awer och e Pro-Burka-Lager, déi dat op kee Fall wollte verbidden. Déi Lénk, déi gréng, d'Jeunesse socialiste an déi jonk gréng, dat ass d'Pro-Burka-Lager hei am Land gewiescht. Kloer!

An et huet mech beandrockt, zum Beispill déi jonk gréng, déi profund Analys, déi déi gemaach hunn nach den 8. August 2017, wou déi jonk gréng eis erkläert hunn, datt d'Burkafro näischt mat Integratioun a Feminismus ze dinn hätt, mä nëmme mat där ongesonder männlecher Fixéierung op de weibliche Kierper.

(*Interruption*)

Déi anthropologescht Héichfluch vun deene jonke Gréngen hunn allerdéngs warscheinlech mat derzou bäigedroen, datt mer esou e schwaacht Gesetz hu wéi dat, wat mer haut hei diskutéieren.

Ech wëll awer och nach e puer frëndschaflech Wieder un d'Kollege vun der CSV riichten.

► **Plusieurs voix**.- Aah!

(*Interruption*)

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- D'CSV huet a mengen Aen, an ech ka mech selbstverständlech iren, mä si huet eng ongeschriwwen Deontologie an dësem Parlament verletzt. D'ADR hat praktesch déi identesch Proposition de loi ee Joer virdrun deponéiert. Näischt hätt verhënnert, datt d'CSV, déi jo an der Ausrichtung bal Wuert fir Wuert mat eiser Proposition d'accord ass, jo hätt se kënnen: „Kommt, mir maachen dat do zesummen! Macht nach e puer Ännerungen! Deen Text, e puer Amendementer, dann droe mir dat do mat. A Klenggekeeten...“

Mir hätten et gemaach! Awer déi Obsessioun, fir do wëllen ze beweisen, dass se eis Iddien net klauen, obscho se et awer geleeëntlech maachen, huet dat do verhënnert.

(*Brouhaha*)

D'CSV huet och, wéi verschidde vu menge Virriedner zu Recht gesot hunn, net ëmmer esou

geduecht. D'CSV-Minister 2011 hunn zesumme mat der LSAP eben dat refuséiert a vun enger „tolérance mutuelle“ geschwat, vum „respect des autres“ an esou weider. A si sinn eréischt waakreg ginn, nodeem d'ADR hir Proposition de loi gemaach hat.

(*Interruption par M. Gast Gibéryen*)

Neen, et ass leider, leider eng Gewunnecht.

Den internationale Kontext wëll ech awer och hei ënnersträichen. Et gëtt jo europäesch Länner, ëmmer méi, déi d'Burka verbidden a verschiddene Formen, an och arabesch Länner. Och arabesch Länner! A Marokko an an aneren arabesche Länner ass d'Burka verbueden! An islamesch Länner! Dat muss mer och emol eng Kéier soen hei.

Am Iran - ech wëll dat och emol eng Kéier ënnersträichen, datt hei Parteien, déi awer traditionell soen, si hätten d'Fraerechter fir sech gepacht, wou ech grouss Zweifel drun hunn -, mir haten eng Chambersdelegatioun, déi an den Iran gaangen ass: Ech hat d'Madamm Loschetter bal net erkannt op der Foto, well esou vill Kappdicher hat se un!

An deems selwechte Land...

(*Brouhaha*)

An deems selwechte Land dinn haut couragéiert Fraen hirt Kappdich aus, stelle sech op ëffentlech Plazen, wénke mam Kappdich, fir fir hir Fräiheet ze demonstréieren! An eis Parlamentarierinnen, eis Gréng ginn dohinner mam Kappdich!

A Saudi-Arabien huet de Krounprënz gesot, e wëllt d'Vollverschleierung net méi. De genaue Wording muss mer kucken. Kappdich, jo. Dat si grouss Evolutiounen. An ech mengen, och dat muss mer gesinn, wa mer den internationale Kontext kucken.

Hei zu Lëtzebuerg gëtt et leider en Deel vun deene soi-disant feministesche Bewegungen, déi fir d'Burka argumentéieren. Dat ass schwéier nozevollzéien.

Mir hunn an eisem Gesetzesvorschlag natierlech mam Urteel vum Europäesche Gerichtshaff argumentéiert, dat ass awer eng Noutwendegkeet gewiescht juristescher Natur, mä näischt verhënnert, datt mir nach eng politesch Analys derbäisetzen.

An eis politesch Analys ass: Jo, et geet ëm d'Zesummeliwen, mä et geet och ëm d'Sécherheet. Et gouf Attentäter, et gouf kriminell Akten ënnert dem Couvert vun der Burka. Et geet ëm d'Rechter vun der Fra, selbstverständlech. A mir wëllen an eiser Gesetzespropositioun jo déi bestrofen, déi en aneren zwéngen, eng Burka unzédinn. Dës Regierung bréngt dat emol net fäerdeg!

Et ass och esou, datt mir dee Gesellschaftsvertrag, vun deem d'CSV geschwat huet, selbstverständlech akzeptéieren. Dofir ass et jo och wichteg, datt eben eise westlechen, liberale Rechtsstat sech affirméiert géint iwwer engem klengen Deel vun enger radikaler Interpretatioun vum Islam, vu Salafismus a vun aneren, well an der Burka ass en Element vu Provokatioun. Et ass e Symbol vun enger Integratiounsverweigerung fir verschidder vun deenen, déi esou eng undinn. Et ass heiansdo de Fädel vum politeschen Islam fir Verschiddener, alles dat, wat mir net wëllen, well et deene Grondwäerter, fir déi d'ADR steet, a villem widder sprécht.

Mir wëllen d'Dignitéit vun der Fra hei verdedegen, net se an e stoffene Prisong stiechen. An dat Fräiwëllegkeetsargument, wat Verschiddener uféieren, schéngt eis zweifelhaft ze sinn.

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Mir wëllen hei och ganz kloer soen, datt d'Burkadiskussioun net déi eenzeg ass, wat d'Integratioun ugeet. D'Integratioun ass an eisen Aen och an enger Gesellschaft, déi multikulturell ass, an deem Sënn, datt vill verschidde Kulture sech hei erëmfannen, mä Multikulti heescht net, datt mer egal wat mussen toleréieren. Multikulti heescht net, datt mer virun all Fuerderung mussen noginn.

Well mir hunn nach aner Problemer och am Zesammenhang mat verschiddene Kulturen. Mir hunn an de Klinicke Männer, déi hir Fraen net eleng bei den Dokter loossen, fir datt se do kënnen ënnersicht ginn. Och dat ass en Deel vun der Realitéit vun dësem Land, wou mir soen: „Neen! D'Privatsphär vun der Fra beim Dokter, déi muss och kënnen garantéiert ginn a protegéiert ginn.“ An där Saachen hu mer méi.

An et ass net, datt mir wëllen noginn, Schrëtt fir Schrëtt, géint iwwer Fuerderungen, déi eis kulturfriem sinn, déi eiser jüddesch-chrëschtlicher Zivilisatioun, eisem humanisteschen Iwwerlewen net entsprechen. Mir ginn eis Zivilisatioun net op, net déi Wäerter, déi eis Kultur ausmaachen, fir ënnert der Pressioun vu verschiddene radikalen Elementer hei nozeginn.

Mir wëllen déi Gesellschaft esou erhalen, wéi d'CSV gesot huet, dee Gesellschaftsvertrag, an d'Kultur, déi mir hunn, déi bleift. A Leit, déi heihinnerkommen, solle sech un där ausrichten, un eise Wäerter, an net ëmgekiert!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Et ass och esou, datt dee Regierungsprojet hei...

Ech verstinn déi gréng och net, also ech muss dat ëmmer erëm soen: Et ass eng Partei, déi mech wierklech verwonnert!

Si ginn hei no enger gewëssener Interpretatioun, salafistescher Interpretatioun heiansdo vum Islam. Et ass awer eng Partei, déi iwwert d'Joren alles gemaach huet, fir hei d'Trennung vu Kierch a Stat duerchzusetzen. Dat ass schonn erstaunlech!

Si wëllen d'Elektromobilitéit promouvéieren an d'Atomindustrie domadder ausbauen, well dat ass dat, wat se maachen, nodeem se jorelaang gesot hunn, si wäer géint d'Atomindustrie.

Si hu jorelaang behaupt, si wäer Pazifisten, a stëmmen hei all militäresche Projet mat! Et ass eng Partei, déi mech wierklech verwonnert, well prinzipientrei si se net.

Fir eis als ADR ass et awer de Contraire. Fir eis sinn eis Prinzipie wichteg a mir stinn zu hinnen. Mir akzeptéieren net eng Segregatioun an der Gesellschaft, mir hätte gär Integratioun! Mir akzeptéiere keng Ennerdréckung vun der Frau, net d'Intoleranz, keng Parallellgesellschaften a kee Sécherheitsrisiko an eiser Gesellschaft.

An och dat ass wichteg, well zu enger Zäit, wou d'Regierung hiegt a wëllt d'Polizei reforméieren, mierke mer schonn, datt a ville Beräicher och do keng richtig Energie derhannert ass. Déi Policereform, déi elo kënnt, déi bleift wäit hannernt deem zréck, wat eis Gesellschaft wierklech géif brauchen!

D'Regierungspropositioun ass och onpraktikabel. Dat hat den Här Roth ganz gutt beschriwwen: undoen, ausdoen. Dat wor d'selwecht, wéi fréier mat de Gemengen: Bass de an där enger Gemeng, kanns de se undoen, d'Burka. An an där nächster Gemeng muss de se ausdoen. Hei ass et mam Bus oder mat soss eppes, wou s de se un- an ausdees. Dat ass net praktikabel!

Mir hunn eis och net un déi belsch an un déi franséisch Legislatioun gehalen, déi awer de gréissten Deel vun eisem Gesetzeswierk direkt beaflossen.

Et sinn net genuch Präzisatiounen dran. Et hätt ee genauso gutt kënnen eng Interdiction d'accès ausschätze bei verschiddene Verwaltungen. Och dat ass net geschitt. Dat wär vill méi einfach gewiescht.

Heiansdo, déi Begrënnunge vum Gesetz, do muss ee bal laachen, wann een et liest, wann een do op eemol de Kleesche verglach kritt mat der Burka. Also, ech muss soen: D'Fantasie vun dëser Regierungsparteien, déi ass heiansdo bewonnerenswäert! Mä ech mengen, mir kënnen awer all den Ennerscheid nach maachen tëschent dem Kleeschen an enger Burka.

Et brauch een och... Mam Privatauto, do froen ech mech och heiansdo, wéi realistesch déi Leit da sinn. Ech ka mer virstellen, ech hunn et ni probéiert, mä ech ka mer virstellen, datt, wann ee mat enger Burka an engem Auto sëtz, datt een dann net vill gesäit an datt dat eleng schonn aus Verkéierssicherheit grënn sollt verbuede ginn,...

(*Brouhaha et interruption*)

...och wann et e private Raum ass.

(*Brouhaha*)

An et ass ongerecht - wéi gesot, d'Jeunesse démocratique hat do recht, an der Jeunesse démocratique, do sinn dererbäi, déi kéinten haut an d'ADRenalin kommen -, well et ass jo ganz kloer, datt e Gesetz muss déi bestrofen,...

(*Brouhaha et interruptions*)

...déi aneren zwéngen, fir eng Burka unzudoen. Eppes, wat dës Regierung emol net capabel war!

An et freet mech - an domadder halen ech op -, et ass eng perséinlech Satisfaktioun, an Dir erlaabt mer, dat kuerz ze soen: Mir haten hei, wéi mer iwwert d'Meenungsfräiheet geschwat hunn, eng Diskussioun, den Här Minister Braz an ech, iwwert d'Interpretatioun vum Stroferecht, well den ECRI hat d'Lëtzeburgerger Gerichter felicitéiert fir eng „large“ Interpretatioun vum Droit pénal am Beräich vun der Meenungsfräiheet, vun der Repressioun vun der Meenungsfräiheet.

Dorobberhin hat ech gesot: «Le droit pénal est d'interprétation stricte», an ob den Här Minister dat och esou géif gesinn. An ech hat em nach eng schrëftlech Question parlementaire gestallt, wou en da géantwert huet ronderëm, mir hätten de Principe de légalité en droit pénal.



Awer de Saz: «Le droit pénal est d'interprétation stricte» ass virun e puer Méint nach net iwwer seng Lëpse komm. Haut huet de Statsrot an deenen Avisen zu dësem Gesetz der Regierung ech weess net wivill mol, fënnf-, sechsmol an d'Buch geschriwwen: «Le droit pénal est d'interprétation stricte.»! An och den Här Minister, mengen ech, huet dat an dem Kontext vun dëser Diskussioun gesot. Mä et gëllt net nëmme fir hei, et gëllt fir eist ganz Stroferecht. An och fir d'Meenungsfräiheet! An ech mengen, d'ADR wäert och déi Diskussioun nach viruféieren.

An ech soen lech villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - No deenen „frëndschafleche Wieder“ ginn ech d'Wuert weider...

(**Hilarité**)

...un den Här Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Ech versichen, frëndschaflech ze bleiwen, Här President.

«N'êtes-vous donc pas jolie? Dévoilez-vous!» Dat stoung op Plakater zur Zäit vun der franséischer Kolonisatioun an Algerien. Do huet een dann esou Plakater gesinn, gezechent: zwou Frae mat der algerescher traditioneller Vollverschleierung, dem M'laya, esou, an ee Meedchen, wat net esou eppes gedroen huet.

Deemools huet de Kolonialhär gemengt, et wier géeeigent, fir dem „Indigène“ bäizebréngen, wat d'Lumière, wat d'Zivilisatioun wier, déi, wéi mer jo all wëssen, exklusiv europäesch ass. Ganz nom Motto och vum ganz opgeklärte Jules Ferry, dee sot: «Il est du devoir des races supérieures d'éduquer les races inférieures.»

Deemools an Algerien sinn dann och jonk an aarm Fraen aus dem „bled“ erausgeholl ginn, wa méiglech schéiner. Si sinn „à la française“ ugedoe ginn a geschminkt ginn a konnten och op Soirée mat franséische Männer plus ou moins gewollt „Bekantschaft“ maachen.

Wéist Der, wat geschitt ass? Vill Frae wollte vun dëser ganz spezieller Zort vun Emanzipatioun näischt wëssen. A vill Fraen, déi emol net extra reliéis waren a souguer éischter feministesch waren, well se sech och am FLN engagéiert hunn, hunn émsou méi de Schleier ugedoen, fir grad de Kolonialhären ze weisen, datt si grouss an al a selbstbestëmmt genuch wieren, fir ze wëssen, wéi se sech undoe sollten, an datt se dofir kee Fransous brächten, awer och keng Franséisin, déi hirer „opprimierter“ Schwëster hëllef wëilt.

Dat relatéiert och - ech weess net, ob Der dee kennt - de Frantz Fanon a sengem Wierk - de Franz Fayot kennt de Frantz Fanon, dat wonert mech net,...

(**Hilarité**)

...ech recommandéieren de Frantz Fanon wierklech - «L'An V de la révolution algérienne». Et ass immens interessant.

(**Interruption**)

De Franz Fayot ass och ze recommandéieren.

(**Hilarité**)

Här President, et ass ëmmer eng Umoossung, ze mengen ze wëssen, wat gutt ass fir en aneren oder fir en anert. An et ass eng Konstant vun dominanten Zivilisatiounen, net nëmme vun eiser, oder vun Imperien, ze mengen ze wëssen, wat richtig ass fir en aneren, och ënnert dem Deckmantel vum Fortschritt. Déi Dialektik „den Ziviliséierten an de Barbar“, dat ass eppes Ales an dat fënnt een iwwerall ronderëm de Globus.

Et ass am Numm vu Gott koloniséiert ginn, mä et ass och am Numm vun der Opklärung koloniséiert ginn; wahrscheinlech souguer nach méi. Mä Fortschritt geet net géint d'Leit, e geet mat de Leit.

Här President, de Problem mat dësem Projet de loi vum Här Braz a mat den zwou Propositions de loi ass: Do sinn zwee Punkten, déi e bësse spezifesch sinn. Éischtens, si adresséiere sech jo - well et muss een awer Kloertext schwätzen - an éischter Linn un eng reliéis Gemeinschaft, nämlech den Islam, och wann dës Praxis ultraminoritär ass an och ganz ëmstridden ass. D'Gesetz seet et zwar net, mä et ass d'Intentioun. An zweetens: Dëst Gesetz ass wahrscheinlech dat éischt Kleederuordnungsgesetz fir Fraen zënter Jorzéngten.

Ech wollt och e bëssen iwwert d'Frae schwätzen, well iwwert d'Fraen hunn ech haut awer relativ weéneg héieren. Ech gleewen zwar net un d'Wiedergeburt, mä hätt ech de Choix, da wëilt ech erëm als Mann op d'Welt kommen, net well ech der Meenung wier, datt dat dat bescht Geschlecht wier, mä well een et weiderhi méi einfach huet a weiderhi vill méi a Rou

gelooss gëtt. Als Fra mécht ee jo ëmmer alles falsch: Eng Keier ass een ze mann ugedoen, eng Keier ass een ze vill ugedoen, eng Keier ass een ze langweileng ugedoen oder geschmacklos ugedoen, de falschen Tailleur, d'Jupp ass eng Keier ze laang, fir am Bistro ze schaffen, oder d'Jupp ass ze kuerz, fir am Büro ze schaffen.

(**Interruption**)

Oder ëmgedréit.

(**Hilarité**)

An et geet esou wäit, datt och eemol d'ADEM eng Campagne gestart hat, fir de Fraen ze hëllef - et war eng amerikanesch Boite -, sech besser beim Astellungsgespräch ze presentéieren, an och ënner anerem, wéi se sech sollen äusserlech a vestimentaire undinn. An do hunn ech awer och e Kommentar vum Aarbechtsminister deemools vermësst op Twitter, deen awer normalerweis esou prompt ass, fir matzedeen, wat eng Oppressioun vun der Fra ass a wat net. A mir wësse jo all, datt d'Frae wierklech drop waarden, regelrecht drop waarden, datt d'Männer hinne virschreiwen, wéi se sech sollen undinn.

Et schéngt eng Konstant ze sinn, datt de Kierper vun der Fra weiderhin als Objet vun öffentlichen Debatten, vu Reglementatiounen a vu Gesetzgebungen ass. An ech hunn e Problem als Mann an och als Gesetzgeber fillen ech mech einfach net beruff, fir iwwert d'Kleederuordnung fir Fraen ze bestëmmen.

Här President, d'Fro, déi mir eis stellen als Lénk, ass déi folgend: Wat ass d'Finalitéit vun dësem Gesetz? Geet et ëm d'Befreiung vun der Fra? Ech mengen, d'Befreiung vun der Fra ass historesch ëmmer vun de Frae selwer gedroe ginn.

Befreiung, Här President, sief et vu Fraen oder vun anere Leit, ass historesch ni geschitt duerch d'Interventioun vu baussen. D'Befreiung vun de Schwaarzen, zum Beispill an den USA an de 50er a 60er Joren, ass net geschitt, andeems Wäisser gënnerhaft rassistesche Gesetzgeber ofgeschaaft hätten, mä nodeems déi Schwaarz jorzéngtelaang gekämpft hunn, an dat trotz brutalster Ennerdrückung. An datselwecht gëllt och fir den Apartheidsystem a Südafrika.

A vu wat wëlle mer dës Fraen och befreien? Solle mer se dervu befreien, datt se vollverschleiert dorëmmer lafen? An da muss ee sech d'Fro stellen: Si se tatsächlech ëmmer dozou gezwonge ginn? Duerch wien? Duerch hire Mann? A wa se jonggesell sinn an trotzdem verschleiert sinn?

Et ass eng sensibel Fro, mä ech wëll se trotzdem opwerfen. Et gëtt oft monéiert, datt d'Fraen, déi ganz verschleiert sinn oder deels verschleiert sinn, dat opgrond vum Drock maachen, deem se ausgeliewert sinn. Ass dat da wierklech och ëmmer esou? Ech mengen, et muss een ënnerscheeden, ob eng Fra an engem Land leeft, wou d'Droe vum Schleier obligatoresch ass oder an enger Gesellschaft leeft, wou et zwar net obligatoresch ass, mä wou de gesellschaftlechen Drock dann eben esou grouss ass, datt se schwéier derlaanscht-kënn.

A mir liewen net, glécklecherweis, an esou engem Land. Mir liewen awer an engem Land, wou keen engem anere Mënsch seng Liewensweis virschreiwen däerf an och net de Mann der Fra virschreiwen däerf, wéi si sech unzedoen huet. Dat geschitt bestëmmt awer nach all Dag, datt Männer doheem hire Frae Saache virschreiwen oder souguer gewalttätig géint iwwer hire Frae sinn, an dat ganz onofhängeg vun der Relioun. An dogéint gëtt et och Gesetzer an déi si souguer streng. A vläicht muss een nach weider aneren fannen.

Här President, de Conseil national des femmes a sengem Avis, dee seet a senger Konklusioun, et wier respektlos, keng Interdiktioun ze maache vis-à-vis vun de Fraen, déi derfir kämpfen, de Schleier net mussen unzedoen a Länner, wou et obligatoresch ass. Här President, bon, fir d'Éischt emol den Avis vum... Wien de Conseil national des femmes kennt, weess, datt et u sech e Kompromëss war, well se sech och net eens waren intern, mä soit!

Ech sinn awer mat dëser Schlussfolgerung net averstanen, well wann een... An dat ass och gesot ginn. Den Här Kartheiser huet virdrun dovunner geschwat, vun de Fraen, déi kämpfen. Et ass heiansdo interessant ze gesinn, wéini d'ADR sech grad fir d'Fraen, déi fir hir Rechte kämpfen, zu Wuert mell; normalerweis nëmmen, wann et ëm Muslime geet, soss net. Gutt, soit!

D'Fraen, déi zum Beispill am Iran oder an anere Länner refuséieren, den Tschador oder den Nikab ze droen oder d'Burka, déi soe jo net forcément, datt et misst verbuede sinn, deen an der Effentlechkeet ze droen. Mä si soen, datt et net soll obligatoresch sinn an datt d'Frae weiderhi solle kënne fräi entscheeden. A vläicht hu se och eng Mamm, déi ganz verschleiert ass an déi trotz dem Ophiewe vun engem Verbuet

weiderhi vollverschleiert wäert op d'Strooss goen, well se sech dru gewinnt huet - ob dat gutt ass oder ob mir dat gutt fannen oder net, dat ass egal - oder well si sech aneschtens onwuel spiere géif. Well, jo: Mir sinn all erzu ginn op eng Aart a Weis. Jiddweree vun eis! A mir kruten all positiv Saache mat an och all Macke mat.

A wann een och nach Frae kannt huet, déi grad feministesch sinn, déi aus der islamescher Welt kommen an déi op kee Fall, emol net e kleng Voile géifen undoen, oder deen tatsächlech och net undinn - an heiansdo brauche se Courage, déi Fraen! Déi fuerderen dat och net, datt et soll verbuede ginn am Maroc oder an Algerien oder an Tunesien. Ganz radikal Feministinnen, roudere ganz oft, déi fuerderen dat net, well si wëssen, datt dat net vill bréngt.

Dee Grappvoll Mënschen, déi sech esou wëllen accoutréieren an déi och an deene meeschte muslimesche Länner komesch ugekuckt ginn - an Nordafrika gi se „les Afghans“ genannt, well et net derzou gehéiert, zum Beispill eng Burka ze droen, well dat aus dem Afghanistan kënnt, dat ass och traditionell -, déi maachen dat net, well de Stat oder d'Gesellschaft hinne dat opdrängt, au contraire. Héchstens de Mann oder dat direkt Umfeld, dat mag sinn, dat ass net auszuschléissen.

Allerdéngs ass et awer och esou, datt et sech hei an Europa ganz oft ëm Neokonvertiten oder Reislamiséierter handelt, déi, wéi esou oft, e speziellen Äifer un den Dag leeën. A wat och ganz interessant ass ze wëssen, wann een esou liest, an ech mengen, dat kann de Justizminister confirméieren, dat ass vun de Refugiéen, well den Amalgam gëtt gemaach: Ënnert den DPlen, déi heihinner op Lëtzebuerg komm sinn, ënnert de Flüchtlingen, do gouf keng Frau, déi vollverschleiert ass, bis elo recenséiert, well meeschtens kommen déi Fraen net aus enger Géigend, wou dat ass, wou dat praktizéiert gëtt. Oder si maachen dat souwiesou net gär, well et ultraminoritär ass oder ganz konzentréiert op gewësse Plazen.

Also, ech weess net, ob Fraen ëmmer gezwonge ginn, sech esou unzedinn. Et gëtt allerdéngs Länner, wou et eng Kleederuordnung gëtt, wou d'Gesetz seet, datt d'Fraen en Tschador oder en Nikab oder eng Burka mussen undinn. Et gëtt och Länner, wou d'politesch Muecht et verbueden huet oder staark ageschränkt huet, wéi d'Tierkei oder Tunesien. Et gëtt Länner, wou et de Fraen iwwerlooss gouf, wéi an Algerien oder och souguer wéi an Israel, souwäit ech weess.

An et muss ee feststellen, datt, Verbuet hin oder hier, et ganz weéneg un der Situatioun geännert huet. D'Tierkei kennen ech net - ech war leider nach ni do -, mä an Tunesien, do hänkt et och ganz dovunner of, ob een an e flotte räiche Quartier vun Tunis geet oder ob een am ländleche Raum ass oder an enger méi aarmer urbaner Géigend. De Besuch zur Relioun oder zur Coutume, an heiansdo gräifen déi zwee aneneen, dee variéiert staark, jee no sozialer Situatioun. D'Mënsche si capabel, Saachen ze maachen, déi een net ëmmer novollzéie kann, mä si maachen et trotzdem, well se et fir richtig halen.

Här President, mir hunn eng prinzipiell Schwierigkeet domadder, datt d'Fraen erëm eng Keier esou duergestallt ginn, wéi wa se aus Prinzip incapabel wieren, eng fräi Entscheedung ze treffen. An iwwerhaupt, mech géif och wonneren: Ass iwwerhaupt mat deene Frae geschwat ginn? Laut der Schura gëtt et der 15 hei zu Lëtzebuerg. Et hätt ee sech kënne schlaumaachen!

Et ass jo och net all Dag, datt en anscheinend ënnerbesatene Ministère wéi dee vun der Justiz, dee mat Projeten net ëmmer esou richtig weiderkënn, e Gesetz mécht fir eng Handvoll vu Leit. An ech mengen, och do werft den Avis vun der CCDH, vun der Commission consultative des droits de l'homme, awer Froen op, wat een nach am Kader vun dësem legislative Prozess hätt kënne maachen, zum Beispill iwwerhaupt: «(...) reconsidérer l'opportunité politique de légiférer (...) analyser les implications potentielles (...) prévoir des mesures permettant d'éviter la marginalisation des femmes visées, les dangers de polarisation de la société» an esou weider an esou virun. Oder iwwerhaupt, ob ee sech dann net kéint iwwerleeën, eng Gesetzgebung ze maachen, déi vläicht dee bestrooft, deen eng Fra derzou zwéngt, esou eppes ze maachen.

Dat wier vläicht komplizéiert, mä vläicht wier dat eng aner Pist. D'Fro ass iwwerhaupt, ob esou e Gesetz effikass kéint sinn. A souguer wann et d'Intentioun wier, datt manner Frae sech vollverschleieren, wéi gëtt esou e Gesetz vun de Concernéierte bewäert? An, dat ass scho viru mir gesot ginn: Maache si et net grad ëmsou méi aus Trotz?

Ech weess, datt et e Sujet ass... Et ass e gliddeg Eisen an ech si mer bewosst, datt et méi

einfach ass ze soen, et misst een d'Burka oder den Nikab verbidden an esou weider, wann een d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg kennt.

Et kritt ee souguer virgeworf, wéi den Här Kartheiser dat virdu gemaach huet, et wier een „pro Burka“. Da géif ech awer gäre vum Här Kartheiser wëssen - ech schwätzen elo nëmme fir déi Lénk, hien huet e puer Organisatiounen genannt -, wou en iergenden Text fonnt huet, wou déi Lénk géif behaupten, mir wiere fir eng Burka. Wou hutt Der dat fonnt? Ech weess et net. Wou hutt Der dat fonnt? Präzis!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, wann ech däerf äntwerten, well den Här Wagner mer elo eng Fro gestallt huet. Ech mengen, déi Diskussioun, déi mer haut féieren, ass: Wëlle mer d'Burka verbidden, jo oder neen? Et gëtt Parteien, déi sech derfir ausgeschwat hunn.

(**Interruption**)

Dat ass d'CSV an d'ADR. Et gëtt der, déi hunn esou eng Positioun, déi läit esou dertëschent. An et gëtt der wéi Dir, déi Der lech vun Ufank un decidéiert hutt, fir géint e Verbuet vun der Burka anzetrieden. Wann Der also...

(**Interruptions**)

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Dir hutt gesot, mir wiere fir d'Burka!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - An do duerch ass d'Konklusioun, datt Der déi toléréiert hei am Land, datt Der also dat akzeptéiert! An ech nennen dat „pro Burka“.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Also, Här Kartheiser, am Lycée, ech weess net, do hate mer Philo an do hate mer och e Fach dat „Logique“ geheescht huet. Dir hätt do 0 vun 20 kritt.

(**Hilarité**)

Et war jo ëmmer vun 20. 0 vun 20! Déi Logik geet net op.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Bei eis ass et op 60 gaangen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Sou! Elo hutt Dir ganz eleng d'Wuert. A fuert virun!

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Här President, ech stelle fest, datt d'ADR erëm eng Keier Bullshit gesot huet.

Elektoral gesinn, bréngt dat natierlech vill méi, dat alles. Mä mir stellen eis awer d'Fro: Wat wäert esou e Gesetz eiser Gesellschaft bréngen, ausser Spannungen, déi mer eis hätte kënnen erspueren? A firwat gëtt dës Diskussioun lassgetréppelt vu Kräften, déi sech kaum oder seele fir sozial Rechter vun den Aarbechter an Aarbechterinnen asetzen? Firwat ginn esou Diskussiounen vu Leit lassgetréppelt, déi kee Problem domadder hunn, datt zum Beispill zu Lëtzebuerg Botzfraen ënnerbezueelt ginn, ënnert dem legale Mindestlohn bezueelt ginn a Prozesser musse maachen? An esou weider an esou virun.

Firwat ginn esou Diskussiounen vu Leit lassgetréppelt, déi awer géint d'Recht si vun de Fraen, fir selwer iwwert d'Ofdriewung ze entscheeden?

Här President, de Refus vum Voile intégral, dee kënnt deelweis aus zwee Kreesser: deem konservative Krees, deen d'Fraerechter deelweis ganz rezent entdeckt huet, voire nach ëmmer net, mä se instrumentaliséiert, fir elektoral Gewënner ze maachen, op Käschte vun enger reliéiser Communautéit.

An dann, de Refus kënnt deelweis och aus méi fortschrëttleche Kreesser, déi et gutt mengen - ech mengen, si mengen et gutt -, déi mengen, et géif hëllef an d'Frae befreien, mä déi a mengen Aen éischter kontraproduktiv sinn, well souguer Muslimen, déi emol net am Dram drun denken, den Nikab anzeféieren, an dat sinn 99% vun dëser Populatioun, déi interpretéieren esou en Akt wéi eng weider - wéi soll ech soen? - Humiliatioun.

Et ass och an eisen Ae keen Text an och keng Diskussioun, déi gefouert gëtt, déi den „vivre ensemble“ fërdert. Ech mengen, kuckt lech nëmme Frankräich un. Déi schwätze permanent dovun, also d'Medien a gewësse Politiker. Déi meescht Fransousen, déi schwätzen net doruwwer, éierlech gesot. Déi hunn aner Problemer zurzäit, wéi iwwert d'Burka an de Voile ze diskutéieren. Dat interesséiert e puer Journaliste vu Saint-Germain-des-Prés, mä egal.

(**Hilarité**)

Mä et geet guer net ëm den „vivre ensemble“. Genau de Géigendeel! Well mir hunn do duerno en Zesummegoe vun de Communautéiten. Et ass kee Gesetz, dat aus der Vernunft



entspréngt, mä dat aus der politescher Nout entspréngt. An ech stelle fest, datt d'Regierung sech leider e bëssen ze schnell dreiwe léisst vu reaktionäre Kräften. Ech hätt léiwer, datt aner Proposition-de-loien, iwwert de Logement zum Beispill, e bësse méi huerteg géifen hei diskutéiert ginn, well dat betrëfft net 15 Leit, mä Dausenden an Dausende vu Lëtzebuerggerinnen a Lëtzebuergler!

Ech soen lech Merci. Mir wäerten natierlech géint déi dräi Gesetzzer stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. De leschten ageschriwwene Riedner...

(Interruption)

...ass den Här Laurent Mosar, Coauteur vun der Proposition de loi.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann een de leschten ageschriwwene Riedner vun esou enger Debatt ass, ass dat normalerweis ëmmer schwéier, well dann ass ganz vill gesot ginn, wat een och scho selwer gär gesot hätt.

Den Avantage ass awer, datt och vill Saache gesot gi sinn, op déi ee ka reagéieren. An ech muss eigentlech soen, an dat wëll ech fir d'Alleréischts ervirsträichen: Ech hunn eigentlech déi Diskussioun de Mëtten eng ganz ausgewogen, nuancéiert Diskussioun fonnt, déi eise Haus, Här President, zu Eiere gereecht, well ech mengen, datt äänlech Diskussiounen zu äänleche Sujeten an anere Parlamenten wahrscheinlech zu méi heftegen Diskussiounen gefouert hätten. Ech fannen och: Vun alle Riedner sinn hei Aussoe gemaach ginn, déi ech par-faitement hätt kennen ënnerschreien oder kann ënnerschreien an déi ech och hätt kënnen deelen.

Ech wëll awer trotzdem direkt am Ufank op zwou Aussoen agoen, déi mech trotzdem e bësselche verwonnert hunn. Verwonnert huet mech déi Ried vu Eugène Berger, obschonn, an dat wëll ech da gradesou kloer hei soen, ech eigentlech a groussen Zich mat deem d'accord sinn, wat den Eugène Berger gesot huet. En huet ganz vill Richteges a senger Ried gesot.

Dat Eenzegt ass: En dierft eigentlech en conséquence vun deem, wat e gesot huet, d'Gesetz net stëmmen, mä e misst eng vun deenen zwou Proposition-de-loie stëmmen. An dat, wat den Eugène Berger gesot huet - an dat wëll ech hei nach eng kéier ervirsträichen, well et eigentlech och eis Meenung ass -, dat ass, datt déi ganz Diskussioun iwwert d'Vermummungsverbuot oder de Burkaverbuot eigentlech guer keng Reliounsfro ass.

En ass allerdéngs, Dir Dammen an Dir Hären, do op enger ganz anerer Schinn wéi de Kolleeg Alex Bodry, dee sech an engem groussen Deel vu senger Interventioun hei mat der Reliounsfreiheet auserneegesat huet.

An ech wollt eigentlech de Mëtten iwwerhaupt net méi intervenéieren, mä well awer hei, ganz besonnesch vu sozialistescher Säit, elo ganz vill sech mat där Reliounsfreiheet a mat där Fro auserneegesat ginn ass, kommen ech trotzdem net derlaanscht, awer do eng Rei vu fundamentalen Iwwerleeungen ze maachen.

Ech wëll mech awer och eng kéier mam Kolleeg David Wagner auserneeetzen, deen ech eigentlech ëmmer respektéieren, well en zwar Meenungen huet, déi totalement contraire zu menger sinn, mä ech gestinn em awer ganz gär zou, datt en eng gewësse Linn an eng gewësse Konsequenz a sengem Denken huet, déi ganz oft aneren ofgeet. Allerdéngs huet den David Wagner mech de Mëtten awer schrecklech enttäuscht.

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- En huet näamlech gesot - lauschtert gutt no! -, en huet sech hei e bëssen opgereegt, andeem e gesot huet, hie géif dat schlëmm fannen, datt permanent do géif iwwert d'Käpp vun de Fraen ewech iwwer Sujete vun de Frae legiferéiert ginn, datt dat meeschtens och nach Männer wären, déi doriwwer géife legiferéieren. En huet dat dann och ganz flott exposéiert.

An dunn op eemol sot en awer, en hätt den Avis vun Conseil national des femmes gelies an e wär nun awer iwwerhaupt net domadder d'accord. An do muss ech awer soen, Här Wagner,...

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ...do sidd Der lech awer wierklech guer net konsequent! Wou elo emol eng kéier d'Fraen hei e kloren Avis huelen, elo fannt Dir lech net méi mat...

(Interruption par M. David Wagner)

Neen, elo fannt Dir lech net méi... Ech wëll wierklech meng Ried fäerdeg maachen, Här President. Herno kann den Här Wagner ganz gär dorobber reagéieren.

Ech wëll iwwregens och dem Här Wagner soen: Genau déiselwecht Attitüd huet Terre des femmes, eng vun deene ganz groussen däitsche Fraenorganisatiounen, déi politesch op engem ganz anere Bord situéiert ass wéi mir, op ganz engem anere Bord! Ech géif wierklech do dem Här Wagner soen: Liest dat, wat Terre des femmes seet! An da muss ech lech soen: Här Wagner, ech liesen och ganz vill, och vu ganz ville Philosophen. An ech géif lech da vläicht och eng kéier dee ganz gudde Rot ginn...

(Interruption par M. Alex Bodry)

► **Une voix**.- Jo.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Et kommen der och nach fir lech, Här Bodry...

(Hilarité)

Ech géif lech wierklech eng kéier uroden: Liest verschidden Artikele vum Élisabeth Badinter.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo. Eng femme de gauche, intellectuelle, écrivain.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Sidd Dir Fan?

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo! Sinn ech Fan? Ech sinn heiansdo och, Madamm Lorsché... Ech sinn och heiansdo Fan, an ech wäert dat herno soen,...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Ah! Très bien!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ...vu Fraen, déi äänlech Iwwerzeegungen hu wéi ech selwer.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Respekt!

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- All Respekt, Här Mosar!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Gesitt Der, ech kann lech nach ëmmer iwwerraschen, Madamm Loschetter.

(Hilarité)

Ech sinn iwwregens frou, wollt ech lech soen, datt Der erëm opgetaucht sidd. Mir haten eis scho Suerge gemaach,...

(Hilarité)

...well Dir waart de Moien net um Radio, obschonn Der jo Rapportrice vum Projet sidd. An mir haten eigentlech erwaart, datt Der eis de Moie schonn do e puer flott Aussoe géift maachen. An dunn ass gesot ginn, Dir wäert leider verhënnert. Duerfir erlaabt mer ze soen: Ech si ganz frou, datt Der erëm hei sëtzt!

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Merci, Här Mosar. Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wat sinn dat „frëndschaftlech Wieder“!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mäi Kolleeg, de Gilles Roth, an ech selwer am Numm vun eiser Fraktioun d'Initiativ ergraff hunn, fir eng Gesetzespropositioun iwwer e Burkaverbuot ze deponeieren, war et eigentlech fir eis vun Ufank u kloer - net, Här Roth? -, datt dës Propositioun nëmme kéint um Prinzip vum Zesummeliewen an eiser Gesellschaft a vu soss guer näischt baséieren. Weder Sécherheets- nach reliéis Iwwerleeunge si fir eis a Fro komm, fir déi Propositioun ze begrënnen. Wat dann och erklärt, datt Dir am Exposé des motifs vun eiser Propositioun keen eenzegt Wuert zur Sécherheet an zur Relioun erëmfant.

Mir hunn dat gemaach, well mir eis intensivst mat der Jurisprudenz vum Mënscherechtsgerichtshaff zu Stroosbuerg op där enger Säit auserneegesat hunn, awer och, an dat ass de Mëtte vläicht e weëneg zur Geltung komm, mat enger ganzer Rei vun Decisiounen vum franséischer, awer och ganz besonnesch der belscher Cour constitutionnelle. Ech wëll elo net méi am Detail op dat alles agoen, wat de Kolleeg Gilles Roth sot. Deen huet dat, wéi mer et gewinnt sinn, op eng formidabel, exzellent, détailléiert Aart a Weis gemaach.

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- „Frëndschaftlech Wieder“.

(Hilarité)

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här President, fir op déi Decisiounen zrëckzekommen,...

(Brouhaha et hilarité)

...si hunn alleguerten ee gemeinsame juristeschen Nenner. An dat ass ebe ganz genau, datt e Verschleierungsverbuot soll op d'Zesummeliewen an der Gesellschaft baséiert sinn. A genee deem entsprécht och eis Intentioun.

Esou huet den Arrêt, an en ass schonn e puer-mal zitéiert ginn, vun 2014 vun deem virgenannte Mënscherechtsgerichtshaff ebe genau aus där Noutwendegkeet vum Zesummeliewen dat generell - dat generell! - Verbuet a Frankräich duerchgewénkt. Mä och scho virdrun, Här Bodry, sinn an enger ganzer Rei Arrête vun deenen zwou virgenannte Cour-constitutionnellë Verschleierungsverbueter genau op der Base vun deemselwechte Prinzip zrëckbehale ginn.

An ech wëll hei net méi op den Arrêt vun 2014 zrëckkommen,...

(Interruption par M. Alex Bodry)

...ech wollt lech awer, well ech eigentlech fan-nen...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Här President, fait personnel!

(Exclamations)

Also, ech hu genau eis Positioun hei gesot, dass et eis Positioun wär, dass mer der Meenung wären, dass d'Burka net an d'Gesellschaftsbild zu Lëtzebuerg gehéiert, well en Zesummeliewen doduerjer onméiglech gëtt. Dat ass eist Haupt- an eenzegt Argument, fir de Regierungstext ze stëmmen!

Stellt et also net esou duer, wéi wa mer dat géifen ignoréieren! Dat ass dat eenzegt Argument, wat bleift! Dat ass dat eenzegt Argument, wat och europäesch Gerichtshaff als valabelt Argument erugezunn hunn, fir iwwerhaupt esou eng Legislatioun vun der Aschränkung vun där perséinlecher Fräiheet kënnen ze rechtfertegen.

Dat ass esou kloer, mengen ech, hätt ech gesot, wéi et nëmme geet! Wann Dir elo dorausser wëllt ech weess net wat bauen, dann deet et mer leed!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Neen. Also, Här President, ech hunn, dat muss ech awer éierlech soen,...

(Interruption)

...virdrun opmierksam dem Här Bodry nogelauscht. Ech hat och all Moment op der Zong, fir eppes ze soen, ech hunn dat awer net gemaach, well ech d'Riedner net wëll ënnerbriechen. Duerfir géif ech awer gär och dem Här Bodry soen, mech ausschwätzen ze loos-sen, an herno kann ech ganz gär op all Froen äntworten.

Ech hu jo net gesot, Här Bodry, datt Dir de Contraire gemaach hätt, dat hunn ech net gesot, bis elo. Ech hunn hei nach eng kéier eis Motivatioun explizéiert an ech wollt elo just nach eng kéier dropkommen, well ech näamlech fannen, datt d'Beschreibung, déi déi belsch Cour constitutionnelle gëtt iwwer e Vivre en commun eigentlech déi Notioun exzellent beschreift.

An duerfir erlaabt mer trotzdem, dat nach eng kéier hei virzeliesen: «L'individualité de tout sujet de droit d'une société démocratique ne peut se concevoir sans que l'on puisse percevoir son visage, qui en constitue un élément fondamental. Compte tenu des valeurs essentielles qu'il entend défendre, le législateur a pu considérer que la circulation dans la sphère publique, qui concerne par essence la collectivité, de personnes dont cet élément fondamental de l'individualité n'apparaît pas, rend impossible l'établissement de rapports humains indispensables à la vie en société.»

Aus dëser Motivatioun geet also kloer ervir, datt eng Ganzverschleierung vum Gesiicht déi mënschlech Beziungen, ouni déi e Liewen an der Gesellschaft net méiglech ass, u sech hei onméiglech mécht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och de Regierungsprojet, an ech kommen elo drop, fousst op dësem Zesummeliewen an der Gesellschaft. Do, wou awer dee ganz groussen Ennerscheed besteet zwëschen Ärem, dem Regierungstext, an eiser respektiv och dem Här Kartheiser senger Propositioun, dat ass, datt mir dat Zesummeliewen am gesamten öffentleche Raum gesinn an et net op e puer Verwaltungsgebaier a Schoule respektiv Spideeler wëlle begrenzt gesinn.

An et ass och hei, wou fir eis dee kruziale Punkt ass a wou mir de Rasonnement vun der Regierung eben net kënnen novollzéien, datt e Verbuet net ka just nëmmen am Zuch an am Bus spillen an awer op der Gare, am Guichet vun der Spuerkeess, am Sportterrain, op der Spillplaz a matten op der Strooss op eemol ophält.

Ech kann iwwregens - an ech respektéieren ëmmer honnertprozenteg anere Leit hir Meenung, Här President - novollzéien, datt de fréiere Recteur vun der Uni Lëtzebuerg, de Stéphane Braum, an engem par ailleurs ganz gutt juristeschen fundéierten Artikel am „Lëtzebuurger Land“ vum leschte Freideg aus philosophesch-juristeschen Iwwerleeungen e Vermummungsverbuot fir den öffentleche Raum ofleent. Dat

ass net eis, dat ass net meng Iwwerzeegung, awer zumindest ass déi Astellung konsequent. A si ass an enger gewëssener Logik, och wann, an ech kommen herno drop zrëck, ganz vill aner Philosophen a Schrëftsteller dat aneschtens gesinn.

De Regierungstext, Här Minister, ass awer weder Fësch nach Flesch a wäert derzou féieren, datt en an der Praxis net ëmsetzbar ass. An dat genau huet den Här Braum a sengem Artikel ganz kloer ënnerstrach, wou e seet, esou wéi dat dote Gesetz libelléiert wär, géif dat an der Praxis net kënne fonctionnéieren.

Här President, an ech kommen da bei den Här Bodry, dee virdru mat ganz ville gudden Argumenter a manner gudder versicht huet, déi, wéi hie selwer seet, méi nuancéiert Approche par rapport zum Burkaverbuot u sech ze justifiéieren. An obschonn ech, wéi gesot, dat eigentlech net wollt maachen, kommen ech dann trotzdem net derlaanscht, déi ganz Diskussioun iwwer Vermummungs- oder Burkaverbuot effektiv virum Hannergrond vum Exercice vun der Reliounsfreiheet ze analyséieren.

Wann een dat wëllt maachen, an den Här Bodry huet dat gemaach, ech wäert dat dann och maachen, muss een natierlech sech dann och mat där Relioun auserneeetzen, op déi eng limitéiert Zuel vu Frae sech stäipen, fir hiert Gesiicht virun hire Matmënschen ze verstoppen. Ech wäert allerdéngs net op déi Fro agoen, ech mengen, dat huet den Alex Bodry och gesot, ob dat elo honnertprozenteg esou am Koran festgeschriwwen ass oder net, ech mengen och net, datt dat eppes Fundamentales un der Diskussioun géif änneren.

Här President, d'Reliounsfreiheet fousst u sech op dem Artikel 9 vun der Mënscherechtsdeklaratioun a fënnst sech bei eis, an d'Spezialiste wëssen dat, am Artikel 19 vun eiser Verfassung. D'Reliounsfreiheet ass e fundamentaalt Recht vun all Bierger, dat vum Rechtsstat ze respektéieren ass.

Fir meng Fraktioun grad wéi fir mech selwer ass d'Reliounsfreiheet e Grondrecht, dat net a Fro ze stellen ass an natierlech, a ganz besonnesch vun eiser Partei, net a Fro gestallt gëtt. Dat gesot, wëll ech awer gradesou kloer betounen, datt dëst Grondrecht net kann iwwer anere Grondrechter stoen an haaptsächlech sech net dierf géint aner Grondrechter stellen, an an dësem Fall, denken ech - an dat ass virdru jo och scho vum Eugène Berger hei gesot ginn -, virun allem géint e fundamentale Prinzip vun eiser Verfassung, näamlech de Prinzip vun der Gläichheet zwësche Mann a Fra.

An d'Reliounsfreiheet ka fir eis ni eng Worthüls oder en Deckmantel sinn, hannert deenen Unhänger vu Reliounen oder Sekte sech verstoppen, fir fundamentalistesche Fuerderungen un eng Gesellschaft ze stellen, déi net kompatibel sinn, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat eiser Demokratie.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Dëst treëft iwwregens op all Reliounen zou, gradesou wéi op all Weltanschauungen.

Eenzel Regeln, déi vu Reliounen hire Gleewegen operluecht ginn an déi net mat eenzelne vun eise Grondrechter vereinbar sinn, dierfen net akzeptéiert an och net toleréiert ginn. D'Reliounsfreiheet kann also ni absolut an hirer Ausübung sinn an dierf ni iergendwéi mat Mënscherechtsverletzung verbonne sinn.

Här President, dat zielt natierlech och fir déi Relioun, op déi sech eenzel Gleeweger baséieren, fir Fraen ze forcéieren deelweis, hiert Gesiicht ze verschleieren, näamlech den Islam. An dëser Relioun, a ganz besonnesch an der Scharia, gëtt et eng Rei vu Bestëmmungen, déi zumindest zum Deel absolut net kompatibel si mat enger Rei vu Grondrechter, déi an eise Verfassung verankert sinn.

Ech wëll mech awer de Mëtte just mat der Vollverschleierung beschäftegen. An ech hunn duerfir deeselwechten Exercice gemaach, deen den Här Bodry gemaach huet. Ech hunn näamlech e bësse gelies, wat d'Diskussioun esou an anere Parlamenten erginn huet. An ech hu mech awer vläicht e bësse méi mat Frankräich beschäftegt, Dir Dammen an Dir Hären, well, et ass scho gesot ginn, eis Propositioun sech méi op dat franséisch Recht bezitt. An ech hunn déi Debatt do nogelauscht, nogelies, déi elo aacht Joer hier ass.

Ech kann lech soen, Dir Dammen an Dir Hären, all déi Argumenter, déi do echagéiert gi sinn, déi sinn haut nach vun enger grousser Pertinenz. Well praktesch all Riedner hunn deemools an där Debatt drop higewisen, datt mer eigentlech an där ganzer Diskussioun a Präsenz vun zwou Visiounen vun eiser Gesellschaft sinn: op där enger Säit déi vun allen demokrateschen Staten, déi u sech d'Universalitéit vun de Mënscherechter ënnerstëtzen, an op där anerer Säit déi vun de Staten, fir déi dës Mënscherechter e



Kaddo sinn, dee Gott de Mënsche gemaach huet, fir méi glécklech op der Äerd ze sinn, Mënscherechter, déi awer duerfir mussen um Grond vun der Scharia interpretéiert ginn.

Mir missten eis eigentlech allegueren eens sinn, datt et eng Rei Grondrechter an eisen demokratesche Gesellschaften gëtt, op deene mir keng Kompromisser kënnen maachen. An ee Prinzip ass dee vun der Gläichheet vu Fra a Mann.

Nun ass et awer emol esou, datt genau dës Prinzip vum Mainstream, wann ech dat emol esou ka soen, vum Islam leider a Fro gestallt gëtt. An dat a quasiment alle Länner, an deenen den Islam an der Majoritéit ass. A vun deene ville Rieden, déi deemools an der Assemblée nationale gehale gi sinn - iwwregens wëll ech soen, vu Riedner vu riets bis no léns, an et ass virdru vum Kollege Gilles Roth gesot ginn, dee Projet ass mat enger riseger Majoritéit deemools ugeholl ginn an ech mengen, et ware just zwou Enthaltungen -, mä, wéi gesot, vun all deene Rieden ass mer awer eng perséinlech an d'A gefall, op déi ech elo ganz kuerz wëll agoen.

Ech huelen un, datt den Här Bodry elo weess, wat kënnt. Mir hunn nämlech munch Saache gemeinsam, den Här Bodry an ech, nottamment eng: Mir haten zu Paräis zesummen op der Uni e Proff - ech huelen un, bei him ass et d'selwecht wéi bei mir -, dee mech nohaltege geprägt huet, awer wierklech ganz nohaltege, dat ass nämlech de Robert Badinter gewiescht: e Mann, deem um lénke politesche Bord stoung, mat deem ech also politesche net ëmmer op darselwechter Linn louch oder leien, mä e Mann, dee fir mech e groust Vorbild ëmmer war an ass. Mir haten eng Kéier hei zesummen de Pleséier, de Robert Badinter ze empfänken. An et ass, ech soen dat, fir mech ee vun deene ganz grouse Politiker. An et ass haaptsächlech ee vun deene ganz grouse Rechtsdenker.

Den Här Badinter huet deemools eng Ried gehalen, déi als remarkabel duergestallt ginn ass. An ech wëll lech einfach e puer Passagé vun där Ried do liesen, ganz besonnesch, well ech weess, datt den Här Bodry, grad wéi ech, den Här Badinter extrêmemment appreciéiert.

Den Här Badinter huet also an där Ried gesot: «On ne peut pas transiger avec ce principe», principe de l'égalité entre hommes et femmes, «s'accommoder d'un signe, d'un signal, d'une tenue. Car le voile est porté où, et par qui? Ce sont les talibans qui contraignent les femmes à porter la burqa. Dès que les talibans prennent ou reprennent le pouvoir, la burqa devient obligatoire et, parallèlement, les filles sont retirées des écoles. C'est à ce moment-là que le port de la burqa prend toute sa signification. Au-delà même du port du voile intégral dans la rue, il faut voir le symbole qui est transmis, exprimé, inscrit dans cette tenue. Nous devons donc réagir. Il s'agit, je le répète, d'un principe avec lequel nous ne pouvons pas transiger, que nous ne pouvons pas abandonner.»

An e schléisst seng Ried mat folgendem Saz: «En interdisant le port du voile dans l'espace public, vous n'empêchez pas celles qui le veulent de pratiquer leur religion, mais vous ne tolérez pas que les éléments les plus intégristes et les plus fanatiques affichent et proclament leur vision, que nous ne pouvons pas accepter, d'une société où les femmes disparaissent de l'espace public et ne sont plus que des fantômes. Cela, non! Et c'est la raison pour laquelle je voterai ce projet de loi.», de Projet also vun der deemoleger franséischer Regierung.

Här President, ech kéint lech nach ganz vill aner Zitater aus Riede vu Politiker, awer och vu Leit aus der Zivillbevëlkerung virlesen, déi genau an déiselwecht Richtung argumentéiert hu wéi de Robert Badinter. Dat maachen ech net, well mer d'Zäit fortleeft. Dir fannt se awer ganz gär erëm, wann Der duerno sicht.

Ech kommen awer net derlaanscht - erlaabt mer dat, et ass esou schéin! -, trotzdem nach eng Ausso hei ze zitieren, an de Kollege Gilles Roth huet eng aner zitiert, nämlech déi vum aktuellen Aarbechtsminister Nicolas Schmit, eng aner, déi en och op Twitter diffuséiert huet, ech zitieren: „Die Burka ist nicht vereinbar mit unseren Werten. Sie degradiert die Würde und die Chancengleichheit der Frauen.“ Ech hätt dat net besser kënnen formulieren wéi den Nicolas Schmit!

Här President, eng Relioun, an dësem Fall den Islam, deem, zumindest a senger radikalen Ausleeungen, d'Fräiheitsrechter vu Mënsche wëllt ofschafen, verdénkt Géigewand a keng Unerkennung vun der Politik.

Duerfir ass et wichteg, datt mer ëmmer erëm ënnersträichen, datt mir wuel tolerant si géint iwwer alle Reliounen an alle Glawensrichtungen, mä awer net bereet sinn, Konzessiounen op fundamentale Grondrechter vun eiser fräiheetlecher Demokratie ze maachen.

Ech soen awer gradesou kloer, datt d'Ausenanerzung an Europa sech weder wäert ëm Burka, Nikab oder Gesichtschiele dréien, mä virun allem ëm d'Käpp, d'Denken an d'Häerzer vun de Mënschen. Eis Gesellschaft soll sech nämlech net der Hoffnung higninn, datt de Spagat op där enger Säit zwëschen enger traditioneller, virun allem noestlecher Fraeroll an op där anerer Säit der Gläichberechtigung, wéi mir se an eise moderne Gesellschaften praktizieren, kann esou einfach bewältigt ginn.

Et ass definitiv un der Zäit, datt mir generell, awer och hei zu Lëtzebuerg, d'Demokratie mat hire ville Virdeeler méi erëm begrënnen an och erläutere an ganz besonnesch deene jonke Leit an eiser Gesellschaft ëmmer erëm nei vermëttelen, well selbstverständlech ass d'Demokratie mat hire Grondwäerter nämlech ni!

D'Vertrieder vun alle reliéisen a weltanschaulichen Iwwerzeegungen mussen sech un d'Regele vun fräiheetlecher-demokratescher Rechtsstat halen.

Wien, Dir Dammen an Dir Hären, dës Rechtsstat bekämpft, muss wëssen, datt e sech géint de Stat a seng Rechtsuerdnung stellt, a kann duerfir ni d'Reliounsfräiheet an Usproch huelen an hie kann och ni op eng onbegrenzten Toleranz vun der Gesellschaft zielen, well wéi sot schonn dee ganz groussen éisträichesch-englische Philosoph Karl Popper, an ech zitieren: „Onageschränkt Toleranz féiert mat Noutwendegkeet zum Verschwanne vun der Toleranz“, fir duerno zur Konklusioun ze kommen: „Am Numm vun der Toleranz solle mir eis d'Recht virbehalen, d'Intoleranz net ze toleréieren.“

Duerfir, Här President, sollen a mussen mir vun alle Biergerinnen a Bierger, egal ob si bei eis ëmmer gelieft hunn oder ob se eréischt bei eis komm sinn, en aktivt Antriebe fir Mënscherechter, Demokratie, Rechtsstaatlechkeet, Toleranz, Fräiheet a Gläichheitsrechter afuerderen. An dës huet weder eppes mat Friemfeindlechkeet nach mat Rassismus ze dinn, mä et ass eng Selbstverständlechkeet.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Här Mosar, just an aller Frëndschaft: Erlaabt mer, drun ze zweifelen, dass Der eigentlech de Mëtten net wollt schwätzen!

(**Hilarité générale et interruption par M. Fernand Kartheiser**)

Merci. Mir sinn um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm. Ech deklaréieren dat no Artikel 40. An den Här Justizminister huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. Ech wollt u sech datselwecht soen. Ech sinn nohaltege beandrockt vum Här Mosar!

► **Une voix.** - Aah!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** Also fir een, deen net wollt...

(**Interruption par M. Laurent Mosar**)

Jo. Iwwerraschen net, awer beandrocken. Fir een, deen net wollt schwätzen, hei dans le texte säiteweis Badinter auswenneg ze zitieren!

(**Hilarité**)

Ech huelen emol un, dass et auswenneg war. An Tweete vum Nicolas Schmit...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech verroden näischt.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - ...auswenneg ze zitieren, ech muss soen: Dat beandrockt mech ganz déif!

(**Brouhaha et interruptions**)

Ech huele just un, dass Der mam Här Roth senger Interventionen eleng nach net ganz zefriddegestallt waart.

De Mëtten ass ganz vill haut schonn hei gesot ginn, nottamment vum Alex Bodry - pour ne pas changer -, dee ganz viles vun deem, wat ech och denken an eigentlech och wollt soen, scho gesot huet, an och op eng exzellent Aart a Weis. Och d'Géigierede sinn alleguerter gehale ginn. Ech wëll dofir net méi op all déi doten Aspekter agoen. Ech hunn och manner Riedezäit als Regierung wéi déi méi grouse Fraktiounen. Ech wëll just op e puer Saachen awer reagieren.

Déi éischt, et ass verschiddentlech hei probéiert ginn, esou eng Duerstellung ze maachen, dass déi eng géint d'Vermummung wieren an déi aner quasi derfir, wat wierklech net déi richteg Aart a Weis ass. Ech wëll och dozou soen, dass an all deene Gespräicher, déi ech déi lescht Joren elo doriwwer hat - Jore war deen Dossier elo ënnerwee -, ech eigentlech kee begéint hunn - kee begéint hunn! -, deen der Meenung

war, dass et eng gutt Saach ass, dass et Frae gëtt, déi hiet Gesiicht wëlle vermmumen. Och net aus perséinlecher Iwwerzeegung vun deene Fraen eraus.

Ech hunn där kee begéint. Et gëtt keen, deen hei zu Lëtzebuerg dofir ass. Dat ass guer net d'Debatt. Dat ass guer net de Punkt. De Punkt ass, wéi een an enger oppener, liberaler Gesellschaft, déi d'Reliounsfräiheet respektéiert, domadder ëmgeet. Geet een domadder ëm mat Verbuert? Nëmme mat Verbuert? Oder vertraut een och op aner Kräften an eiser Gesellschaft, aner integrativ Kräften an eiser Gesellschaft, fir mat deem dote Phenomeen ëmzegoen?

Den Här Mosar huet virdru op d'Taliban verweisen, wann e vum Här Badinter schwätzt, deen ech och esou respektéieren, wéi Dir och, wou ech och d'Geleeënheet hat, mech eng Kéier mam Här Badinter ze ënnerhalen.

Ech wëll lech awer just rappeléieren, Här Mosar, dass mer hei zu Lëtzebuerg keng Taliban hunn!

(**Interruption**)

An nawell - nawell! - gëtt et Fraen, och wann et der net vill sinn, déi de Choix fir sech getraff hunn, dass si wëllen hiet Liewen, vläicht och hiet reliéist Liewen, esou ausliewen. Et ass also net doriwwer och, Här Mosar, wou mer brauchen hei ze diskutieren. An d'Diskussioun, an d'Debatt an der Chamber weist dat jo och, ass glat keng Diskussioun tëscht de Parteien. Och wa verschiddentlech och probéiert ginn ass, dat de Mëtten hei esou duerststellen.

D'Diskussioun geet duerch d'Gesellschaft, si geet duerch d'Parteien. An Är eegener Partei, ech hunn lech dat schonn eng Kéier gesot, gëtt et eminent, och aktuell Memberen, déi mir ënner véier Ae soen, dass se mat där doter Linn, déi Dir an den Här Roth virginn hutt an déi den Här Wiseler matgedroen huet, guer net glécklech sinn. Och fréier eminent CSV-Membere si mat där Linn guer net zefridden a guer net d'accord. An dat geet queesch duerch d'Parteien.

Den Här Kartheiser huet virdru vun deene Grénge geschwat an en huet och da gesot, wou déi gréng dann ze stoen hätten. Dat ass guer net do, wou den Här Kartheiser mengt. Mir sinn och, mengen ech, déi eenzeg Partei, als Gréng - ech soen elo e Wuert als Gréngen -, déi op engem Kongress och doriwwer diskutéiert huet, zesumme mat de jonke Gréngen, an déi eng Resolusioun doriwwer ugeholl huet, mat enger Positioun, fir lech ze rassurieren, déi bal millimetergenee bei där läit, déi haut am Projet de loi vun der Regierung an der Chamber zur Ofstëmmung kënnt.

Et ass eng komplizéiert Debat, well et gutt Argumenter derfir gëtt an et gëtt och gutt Argumenter dergéint. Et gëtt och schlecht Argumenter dergéint. An ech mengen, dass déi Argumentatioun sech queesch duerch d'Parteien opdeelt. An déi Duerstellung, dass et eendeiteg Positiounen gëtt bannent de Parteien op dës Fro, déi ass net richtig. Et ass eng komplizéiert Diskussioun. Si ass net nëmme fir d'Chamber komplizéiert gewiescht, mä si ass och komplizéiert fir déi eenzel Parteien.

Ech wëll och e puer Saachen dann awer trotzdem e bësse richtegstellen, nottamment par rapport zum Här Roth senger Intervention. Den Här Roth an den Här Mosar waren haut ganz sachlech. Och de Kollege Mosar. Um Twitter geléngt dat him nëmme bedéngt. Dat ass dann e bësse méi schwéier, wann e sech méi kuerz muss faassen, mat 140, awer neierdénks 280 Zeechen. Da falen eng Rei Nuancen ewech.

Awer trotzdem waart Der an Är Interventionen, Här Roth, dann awer e bësse selektiv, nottamment bei der Duerstellung, wéi et zu dësem Projet de loi komm ass. Ech wëll et dofir nach eng Kéier kuerz rappeléieren.

Dës Regierung, grad ewéi déi virdru, huet op der Fro, ob hei am Land misst nei legiferéiert ginn, datselwecht gesot wéi déi vireg Regierung. An enger gemeinsamer Äntwert op eng Question parlementaire vum Här Kartheiser waren d'Hären Halsdorf a Biltgen an d'Madamm Delvaux der Meenung, dass déi aktuell kommunal Reglementatioun déi heite Problematik ofdeckt. D'Regierung war och där Meenung. An Är Partei och, bis zu de Wahlen.

No de Wahlen hutt Der Är Meenung geännert. Dir sidd déi eenzeg Partei, déi op dës Fro hir Meenung geännert huet, keng aus der Regierung. D'CSV ass déi eenzeg Partei, déi hir Meenung geännert huet. Well Dir hutt no de Wahlen, an doriwwer gëtt et schrëftlech, Här Wiseler - schrëftlech, Här Wiseler! -, Question-parlementairen, déi vun der CSV gestallt gi sinn, vum Här Mosar, wou argumentéiert gëtt mat der sougenannter „Flüchtlingswell“, fir ze froen, ob dann elo net awer - dat war also den Élément matériel, deen invoquéiert ginn ass -,

ob elo net awer déi Positioun misst iwwerduecht ginn.

D'Äntwert...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Wéi war Är Positioun dann am Ufank?

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Ech kommen nach derzou. Ech erkläre lech se, Här Wiseler. Mä et gëtt nëmmen eng Partei, déi hir Positioun geännert huet, an zwar ouni Grond.

► **Une voix.** - Ouh!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - An zwar ouni Grond! Ouni Grond!

► **Plusieurs voix.** - Ah!

(**Interruptions**)

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Ouni Grond! Well den Här Mosar huet a senger Question parlementaire de Lien gemaach mat der héijer Zuel vu Leit, déi an Europa, Westeuropa, zum Deel dann och op Lëtzebuerg komm sinn, fir ze froen: „Misst een dann net elo awer op en anere Wee goen?“

E krut als Äntwert, an d'Madamm Cahen huet mer dat bestätegt nach viru Kuerzem - ech mengen, den Här Wagner hat et virdru gesot -, dass an all de Foyeren hei zu Lëtzebuerg net eng eenzeg Fra ass - net eng eenzeg! -, déi d'Burka gedroen hat. Et kann also kee Lien objectif et matériel bestoen tëschent deem, wat Der an Ärer Question parlementaire invoquéiert hutt, well dat war Aert Argument, an Dir krut eng Äntwert dodrop: Dat Argument ass inexistent. Et gëtt keng esou Beispiller!

Dir hutt lech awer dovunner net beandrocke gelooss. An den Här Mosar huet dunn awer weider déi Schinn do developpéiert. Obwuel also objektiv gesinn näischt geännert huet par rapport zu deem Zäitpunkt um Enn vun der viregter Legislatur, wou Är Regierungskollegen, wou Är Justizminister déi Fro beäntwert hunn, obwuel do also näischt objektiv geännert huet, hutt Dir trotzdem eng aner Attitüd ageholl an hutt ab do vehement fir eng aner Positioun plädéiert. Net als Éischt, Dir hutt lech dem ADR ugeschloss. Dat ass de Werdegang!

Bei der Regierung ass et e ganz anere Werdegang. Ech hunn déiselwecht Positioun ageholl. Ech hunn awer och, an dat ass, ier mer dem Statsrot eng Question préalable gestallt hunn, an der Beantwortung vun enger Question parlementaire vum Alex Bodry schonn drop higedéit, dass et Zweifel kéinte ginn, dass déi kommunal Reglementatioun juristesche wierklech belaauschtbar wier. Dat kënnt Der och erëmfangen. Do hat ech schonn doriwwer an enger Äntwert op eng Question parlementaire eng Vermutung ugestallt.

A well ech déi hat, hu mer ënner anerem och dowéinst de Statsrot mat enger Question préalable befaasst, fir ze froen, wat seng Attitüd wier. An d'Äntwert, déi kennt Der. Dem Statsrot seng Äntwert ass eng, déi tatsächlech en neie Moment, en neie Fait légal geschafen huet, andeems de Statsrot gesot huet: „Neen, den Dekret an d'Gesetz vu 1789 a 1790 si keng ausräichend Base légal, fir den Ordre public moral ze reglementéieren um Niveau vun de Gemengen.“ Wat awer eng Exigence ass vu Stroossbuerg am Arrêt S.A.S. Déi soen, et misst ganz kloer eng Base légal virleien.

Mir haten also doropshin en neie Fait, do duerch dass mer woussten: Déi kommunal Reglementer decken dat also net of. Dat ass awer en neie wesentleche Punkt, dee sech Är Regierung an och dës virdru entzunn hat. Och Är Regierung hat sech deen dote Fait entzunn. Dat ass e fundamentalen neie Punkt.

Mir haten dunn dräi Méiglechkeete gehat.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Aus wat fir engem Grond hutt Der déi Fro dann dem Conseil d'État gestallt?

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Mir haten dunn dräi Méiglechkeeten gehat...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Aus wat fir engem Grond hutt Der se gestallt?

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - ...entweder, ze soen: Da schafe mer elo de Gemengen eng Base légal. Dat wier jo eng Optioun gewiescht. Da maache mer dat elo. Do mécht d'Regierung e Gesetz, wat seet: „Mir ginn de Gemengen eng Base légal, fir an där doter Matière kënnen ze reglementéieren“, fir dass also d'Gemengen d'Recht kréichen, hei am Land den Ordre public moral ze reglementéieren. Dat wier jo eng Optioun gewiescht.

Domadder hätte mer awer engersäits, duerno, an 102 - dee Moment, mengen ech, waren et



der nach 105 - Gemengen am Land potenziell Deliberatiounen kritt iwwert déi hei spezifesch Fro, wat fir mech eng absolut net vertretbar Perspektiv war. Et kann net sinn, dass an de Gemengen 105 där doter Debatte géife gefouert ginn. An et kann och net sinn, dass mer en Ordre public moral hätten... Dee géif jo och net da bei dëser Fro stoe bleiwen, wann déi Base légale bis do wier, da kéint jo d'Gemengen nach iwwer ganz aner Fro vum Ordre public moral sech Fro stellen an dat dann och nach reglementéieren.

Ech soen Iech ganz kloer: Als Justizminister war dat fir mech keng Optioun, ganz daitlech keng Optioun!

Well dat esou ass, hunn ech selwer derfir plädéiert, dass mer also sollen e Gesetz maachen, fir dann déi heite Situatioun, sou wéi mer se haut diskutéieren, ze regelen iwwer e Gesetz, wat domadder och, duerch de Fait, dass et och an de Code pénal agedroe gëtt, stattfënn enner all de Garantien, déi gemengerehand mat der Applikatioun vum Code pénal mateneeginn, wat, wann et um Niveau och vun der Gemengereglementatioun da bliwwer wier, ganz sécher eng aner Situatioun wier, an ech mengen, keng, déi mer eis hei zu Lëtzebuerg wëlle wënschen.

Dat war de Werdegang, wéi et zu dësem Text komm ass. An ech mengen, dass dës Koalitioun och duerno an der Ausaarbechtung vum Detail vun dësem Projet de loi, wou se sech effektiv an Holland inspiréiert huet, wou den Text nach net endgültig gestëmmt ass,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister, erlaabt Der eng Zwëschefro?

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Jo, wann et net op d'Käschte vu menger Zäit geet.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Neen, selbstverständlech geet et net op Är Zäit.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här President. Mir hunn déi Diskussioun haut ganz sachlech gefouert an ech wëll och, dass se op deem sachlechen Niveau bleift.

Trotzdem, Här Minister, Dir hutt elo Är Explikatiounen...

(Brouhaha général et interruptions)

Dir hutt elo Är Explikatiounen ginn an der CSV eigentlech gesot, mir wieren déi eenzeg Partei, déi hir Meinung geännert huet.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Dat ass och esou! Dat ass ouni Zweifel de Fall.

► **Une voix.**- Jo!

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Här Minister, wa mer den Toun an d'Determinatioun vun Ären Antworten op iterativ Question-parlementaires héieren: „Mir denken net drun...“, souguer de Statsminister: „Mir denken net drun, dat iwwer...“

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Genau.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- ...e Gesetz ze regelen“, mengt Der dann net, dass bei der Regierung de Sinneswandel awer vläicht komm wier, well notament de Syvicol, also d'Vertreder vun alle Gemengen, well déi unanime decidéiert hunn, dass dat fir d'Gemengen net géif a Fro kommen, dass si elo missten hir Gemengereglementer adaptéieren, well d'Regierung keng Eenegung fonnt huet, fir e Gesetz ze maachen?!

Ech mengen, dass dat de Punkt war! An Dir hutt herno...

(Interruption par M. Félix Braz)

Dir hutt herno geäntwert, wéi Der gemierkt hutt, dass d'Leit dobaussen, dass 80%...

(Interruptions)

...vun de Leit fir eng national gesetzlech Lösung waren. An duhn hutt Der gekuckt, iergendwéi mat engem faule Kompromëss d'Kéier ze kréien!

Mä mir bleiwe sachlech an duerfir setzen ech mech elo. Merci awer fir d'Opmierksamkeet!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo, ech wollt Iech dat just froen!

(Hilarité)

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Alles wat Der elo gesot hutt, Här Roth, ännert guer näischt dorunner, dass d'CSV als eenzeg Partei ouni Grond op dëser Fro, fir op enger gewëssener Well matzeschwammen, geännert huet.

Dir hutt mer eng Fro gestallt par rapport zum Syvicol. Ech kann Iech a mengem Numm ganz

daitlech soen: Dat huet a menger Entscheidung keng Roll gespillt. Wat a menger Entscheidung eng Roll gespillt huet, ass d'Antwort vum Statsrot op eis Question préalable, dee kloer gesot huet: D'Gemengen hu mat hirer aktueller Reglementatioun fir deen dote präzise Volet keng Base légale. Dat ass fir mech de Grond gewiescht, fir ze soen: „Da musse mer legal virgoen.“ An zwar sécher net, an dat war dann och am Sënn vum Syvicol...

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Also hutt Der Är Meinung geännert, well Der virdrun eppes anescht gesot hutt.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Nee. Mir hunn opgrond vun neie Fakten eng nei Decisioun mussen huelen.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dir sot fir d'Éischt dat eent an dann huet Der eng aner Decisioun. Dat ass eng Meinung änneren.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Dat ass eppes anescht wéi dat, wat d'CSV gemaach huet. Dir hutt ouni Grond d'Positioun vu mengem Virgänger a mengem Ministère, dem Fränz Biltgen, mat Féiss getréppelt,...

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dir hutt se richtig geännert a mir hu se falsch geännert.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- ...obwuel et keen objektive Grond dofir gëtt. An ech sinn du mat dësem Projet de loi eigentlech an d'Richtung gaange vun deem, wat de Syvicol gesot huet, a mir hunn dat aus de Kompetenz vun de Gemengen erausgeholl a mir hunn doraus eng national Solutioun gemaach am Sënn, wéi gesot, vum Avis vum Statsrot.

Et sinn dann de Mëtten och eng ganz Rei vehement Plädoyere gehale ginn, notament fir dee franséische Modell. Ech wëll Iech awer och, léif Kollege vun der CSV, rappéléieren, dass dee franséische Modell och begrennt ass domadder, dass et a Frankräich eng Verfassung gëtt, déi awer e bëssen anescht ass wéi eis. Dee franséische vehemente Plädoyer fir déi dote Solutioun ass och an hirem Projet de loi deen, deen zu Stroossbuerg den Objet gemaach huet vun engem Arrêt. Dee war ganz staark domadder begrennt, dass an der franséischer Verfassung vun 1958 am Artikel 2 d'Laïcitéit drasteet.

An Dir argumentéiert hei zu Lëtzebuerg op eng vehement Aart a Weis an der Rumm vun eiser Verfassung, eiser Verfassung, déi dat awer esou net kennt! An do verstréckt Der Iech a Widdergespräch. Ech hu jo nach gutt am Ouer, wat d'CSV-Fraktioun bei der Debatte ronderëm déi sougenannten Trennung vu Kierch a Stat gesot huet. An elo gitt Der hin an Dir iwwerhuet e vehemente Plädoyer fir e franséisch Gesetz, wat praktesch eenzeg domadder begrennt war, dass et an der franséischer Constitutioun d'Laïcitéit gëtt. «La République est laïque», steet an der franséischer Verfassung.

Ech wonnere mech doriwwer, dass Dir esou e Plädoyer kënnt maachen an Iech gläichzäiteg mat Hänn a mat Féiss dergéint wiert, wann zu Lëtzebuerg eng Debatte iwwert d'Trennung vu Kierch a Stat gemaach gëtt. Wann Der gären hätt, dass zu Lëtzebuerg d'Laïcitéit an d'Verfassung stoe kënnt, dann hätt Der dat méi fréi och anescht kënnen artikuléieren.

(Brouhaha et interruption par M. Alex Bodry)

Dat wier dann och e Grond, Här Bodry, fir d'Debatten nach net ofzeschleissen. Da bräichte mer d'Debatten an der Institutiounskommissioun nach net ofzeschleissen.

Ech wëll zwou lescht Remarque maachen, Här President,...

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- ...iwwert d'Argumenter, déi ëmmer nees awer kommen iwwert d'Sécherheet an och iwwert d'Fraerechter.

Den Arrêt vu Stroossbuerg: De Mënscherechtsgerichtshaff, dee jo zoustänneg ass fir d'Interpretatioun, huet kloer gesot an deem Arrêt iwwert dat franséisch Gesetz - a bestätegt duerno beim Arrêt iwwert dat belsch Gesetz -, dass e Vermummungsverbuuet, dass dee sech och op d'Burka oder den Nikab applizéiert. An d'Cour - well dat och de Mëtten evoquéiert ginn ass - huet opgepasst, fir ze präziséieren, dass et net un eis ass, doriwwer ze befragen, ob dann d'Burka oder den Nikab zum Islam gehéieren oder net.

Dat decidéiert weder d'Cour zu Stroossbuerg nach d'Lëtzebuurger Chamber. Dat ass eng Fro, déi d'Cour awer beäntwert huet, andeems se gesot huet, eleng de Fait, dass e kéint interpretéiert ginn, de Vermummungsverbuuet, als eppes, wat d'Reliounsfräiheet aschränkt, géif duergoen, fir dass ee besonnesch sensibel a virsichteg domadder ëmgeet. Domat huet d'Cour net gesot, dass et zum Islam gehéiert

oder net, mä dass een deem muss Rechnung droen. An dofir spillt och d'Relioun. An dat ass de Reproche och, deen ech der CSV-Fraktioun géif maachen: Wann Der sot: „Dat huet guer näischt mat Relioun ze dinn“ - Är Positioun -, ma dat ass de Problem!

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- ...den Här Berger!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Dat ass de Problem. Ech schwätzen elo mat Iech, Här Mosar. Mam Här Berger schwätzen ech ganz oft, dat brauch ech haut net hei ze maachen.

(Interruptions)

Dat ass de Problem.

(Brouhaha)

Gitt Der mer nach Zäit, Här President?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Dat ass de Problem, Här Mosar, dass Dir an Ärer Argumentatioun maacht, wéi wann dat näischt mat Relioun ze dinn hätt. Et ass Dréi- an Aangelpunkt...

(Interruption)

...vun der Argumentatioun, dass et och kann eppes mat der Reliounsfräiheet ze dinn hunn, wéi mir se och hei zu Lëtzebuerg kennen an interpretéieren. An Dir sidd jo d'Partei mam C am Numm. Dir misst e besonnesch sensibel Gespier dofir hunn, wéi eng Gesellschaft mat Relioun a mat Reliounsfräiheet ëmgeet. An ech hunn heiansdo den Androck, dass Der dat feint Gefill e bësse vermësse loosst.

Wann et ëm den Antisemitismus geet - well ech Iech jo op Twitter och verfollegen, eenzel Kollege vun der CSV-Fraktioun -, fannen ech, dass Der ganz engagéiert sidd, op der richteger Säit sidd. Bei der Lutte géint d'Islamophobie muss ech awer daitlech Ofstrécher do feststellen. An do muss een oppassen. Um Niveau vun der Europäescher Unioun sinn och scho Konferenzen organiséiert ginn, zum Deel enner Lëtzebuurger Présidence, wou déi zwee Themen, den Antisemitismus an d'Islamophobie, zesummen diskutéiert gi sinn, an aus guddem Grond.

An ech mengen, mir dierfen eis do vu kengem erandrücke loosse! Mir mussen hei zu Lëtzebuerg déi Wäerter, déi mer affichéieren ze verteidegen, dann och tatsächlech verteidegen, nämlech eis eegen, d'Lëtzebuurger Verfassung, déi d'Liberté religieuse kennt, den Exercice public dovunner kennt, an all déi unerkannte Reliounen mussen dovunner benefisiéieren. A mir dierfen deen Amalgam net maachen, dee verschiddeentlech gemaach gëtt. An ech ruffen Iech och op als CSV-Fraktioun, Iech genauso vehement géint Islamophobie ze stellen, wéi Der Iech, a mengen Ae ganz zu Recht, géint Antisemitismus stellt.

Eng lescht Remark zu de Fraerechter. Och do huet Stroossbuerg kloer gesot: „Hei geet et net ëm d'Fraerechter.“ Ech verstinn natierlech alldéngs allegueren déi, an ech hunn der vill a menger eegener Partei, déi sech duerch eng Burka un hirem Bild stoussen, wat si vun der Roll a vun der Plaz vun der Fra a vum Zesumeliwene tëschent Mann a Fra an eiser Gesellschaft hunn. Mä trotzdem seet Stroossbuerg: „Dir kënnt d'Reliounsfräiheet, d'Liberté religieuse, net aschränke mat engem Argument vu Fraerechter.“ A Stroossbuerg seet och... A si hu jo do recht, well et jo och e bëssen absurd bal ass, ze soen, wa mer de Frae verbidden, sech op eng bestëmmten Aart a Weis unzedeien, hätte mer domadder e Fraerecht geschaaft. Dat ass kee Fraerecht, wat mer do geschaaft hunn. An et ass och vläicht nëmme Zoufall, dass ech haut de Mëtten als siwente Mann doriwwer schwätzen hei an der Chamber.

(Hilarité)

Mir mussen also och do oppassen, wéi mer argumentéieren. Hei geet et schlussendlech drëms, dass mer och hei zu Lëtzebuerg, opgrond och vun eiser iwwer e Jorhonnert aler Tradition aus de Gemengen, wou et déi generell Vermummungsverbuuet scho gëtt, probéieren, eng aktualiséiert Antwort op eng Diskussioun ze fannen, déi déi noutwendeg Nuancé mécht. Och am Respekt vun eiser Verfassung, net nëmme andeems ofgeschriwwer gëtt, wat an anere Länner a Gesetzter steet. Dat ass dat, wat de Regierungstext ambitionnéiert ass, ze maachen. Dat ass dat, wat den Text vun der Majoritéit haut mécht.

Ech sinn aus Iwwerzeugung fir dësen Text. An ech sinn aus gradesou vill Iwwerzeugung géint den Text vum ADR a vun der CSV. An ech géif d'Chamber bidden, Här President, dem Projet de loi vun der Regierung zoustëmmen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Minister. Den Här Mosar freet d'Wuert nom Minister.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, Här President, well den Här Minister mech zweemol konkret ugeschwat huet an ech nach Zäit hunn, wollt ech dorobber reagéieren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Entschëllegt, Här Mosar, Dir kritt selbstverständlech d'Wuert fir Parole après ministre. Mä Dir hutt awer keng Zäit méi ze beusproche vun dem Debat virdrun, well deen ofgeschloss ass.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Dat ass an der Rei. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- ...vu dass mer de Moien déi Diskussioun haten; ënner Chamberspräsidenten...

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- ...versti mer eis.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Voilà!

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Här Minister, Dir hutt zwee Punkten, op déi ech nach eng Kéier wollt zrëckkommen.

Dir hutt gesot, a Frankräich wär en anere System, do géif d'Laïcité an der Verfassung stoen. Dat ass richtig, wat Der gesot hutt. Alldéngs hutt Dir mer dann awer net ganz richtig nogelauschert, wéi ech virdrun déi ganz Diskussiounen an der Assemblée nationale resuméiert hunn a wéi ech och nach eng Kéier argumentéiert hunn, op wat eigentlech déi Decisiounen faassen. Déi faassen néierens..., a kengem Arrêt, weder vun der franséischer Cour nach vun der belscher Cour nach vum Mënscherechtsgerichtshaff gëtt vun der Laïcitéit geschwat. Do geet et reng nëmme ëm de Prinzip vun Vivre en commun. Duerfir mengen ech, datt et hei keen Ennerscheid gëtt tëschent Frankräich a Lëtzebuerg.

Zweetens: Dir hutt hei ennerstrach, wouriwwer ech ganz fro sinn, datt ech mech ganz staark géint Antisemitismus engagéieren. Ech wëll just soen, ech hu virdrun a menger Ried zwee-, dräimol gesot, wat ech géif soen, géif sech vis-à-vis vun alle Reliounen, alle Reliounen a Glawensusiichten applizéieren. Allen!

A mir maachen an ech maachen och do iwwerhaupt keen Ennerscheid. Ech muss Iech just soen, an dat huet elo näischt mat där enger oder anerer Relioun ze dinn, ech hunn dat och schonn a menger aussepolitischer Interventioun gesot, datt mer am Moment a verschiddenen europäesche Länner e reelle Problem vun Antisemitismus hunn, deen aus villen Ecke kënnt, aus ganz villen Ecke kënnt, mä deen ufänt, extrem seriö ze sinn. Dir kënnt keen Dag méi iergendwéi den Internet opmaachen, ouni datt net ëm ee mat enger Kippa an Däitschland aggresséiert ginn ass. An ech weess, datt ech och Iech do op menger Säit fannen, ech mengen, datt dat e ganz seriö Problem ass, wou mer allegueren solle sensibel drop sinn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Mosar. Den Här Minister freet sech d'Wuert nach eng Kéier.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Den Här Mosar huet e bësse laanscht mäi Punkt geäntwert. Ech wollt just soe mam Verweis op déi franséisch Constitutioun an d'Laïcitéit, dass mir eis Texter, déi mir eis hei ginn, net nëmme dierfen a Frankräich oder an der Belsch ofschreiwen an da verweisen op Stroossbuerg, fir ze soen: „Grundsätzlech huet Stroossbuerg et validéiert“, an da mengen, mir hätten d'Antwort fir eis eege Situatioun fonnt. Mä mir sinn éischts faktesch an enger anerer Situatioun - den Alex Bodry hat dat och virdrun developéiert - a mir mussen och en Text fannen, dee bei eis Constitutioun genee passt, an dat ass net déi franséisch.

En Text, deen a Frankräich gutt bei d'Constitutioun passt mat senger Argumentatioun, well se d'Laïcitéit an der Verfassung hunn, passt dofir net eent zu eent bei eng Lëtzebuurger Verfassung. Mäi Plädoyer ass, dass mer solle bei der Ausaarbechtung vun eisen Texter eege Kreativitéit hunn, Rücksicht op eis eege reell Situatioun an eis Constitutioun huelen an net en Text einfach esou iwwerhuelen, deen op enger Verfassung baséiert, déi d'Laïcitéit am Artikel 2 héichhält.

Äre leschte Punkt, wou Der nach eng Kéier Ären Engagement bei der Lutte géint den Antisemitismus ennersträicht, géif ech gären als versöhnlechen Ofschluss fir dës Debatte tëschent eis allegueren unhuelen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Mir kënnen dann zur Ofstëmmung iwwergoen. Ech wëll nach eng Kéier drun erënnere, dass d'Commission juridique an hire Rapporten drop insistéiert huet, dass d'Commission juridique sech fir deen heiten Text (veuillez lire: fir de Projet de loi 7179) ausge-



schwat huet an d'Chamber opgefuert huet, dësen Text ze stëmmen an déi aner zwee Texter net ze stëmmen. Ech géif also mengen, dass ech richteg leien, wa mer der Commission juridique follegen an hei fir d'Éischt iwwert de Projet de loi 7179 ofstëmmen, wat jo da géif heeschen, dass déi zwee aner Texter, wann hei eng Majoritéit erauskënnt, dann hifälleg wären.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7179

Also géif ech de Vott lancéieren: fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen; dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Mir hunn 32-mol Jo an 28-mol Nee, domat wär den Text vum Projet de loi 7179 adoptéiert.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Alex Bodry), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Tess Burton) et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Gérard Anzia (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par M. Henri Kox).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Nancy Arendt), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes (par M. Marcel Oberweis), Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marco Schank) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Retrait du rôle des propositions de loi 6705 et 6909

An ech mengen, et wär ubruecht, dass ech déi dräi Auteure géif froen, ob se dann hir Proposition-de-loien als net akzeptéiert géifen unhuelen an dass mer se mat deem Vott...

► M. Laurent Mosar (CSV).- Mir sinn „versöhnlech“, Här President.

(Brouhaha)

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- ... évaküieren. Selbstverständlech. Entschëllegt, Här Mosar, den Här Kartheiser huet sech als Éischt gemellt.

► M. Fernand Kartheiser (ADR).- Ech soen lech villmools Merci fir d'Fro an deklaréieren heimadder, datt dës Proposition de loi, déi

d'ADR haut virgeschloen huet, net méi um Ordre du jour vun der Chamber steet bis de 15. Oktober 2018.

Villmools Merci.

(Hilarité)

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Merci. Ech wollt mech uschléissen an der Chamber Merci soe fir d'Aart a Weis, wéi dës Diskussioun gefouert ginn ass, lech e schéinen Owend wënschen,...

(Concertation interne)

Dispense du second vote constitutionnel


Ah jo: Froe mer d'Dispens vum zweete Vott?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir gesinn eis Mëtt Mee erëm. Merci gesot.

Fin de la séance publique à 19.08 heures



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

2. Communications

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

3. Changement de composition d'une délégation parlementaire luxembourgeoise auprès d'une assemblée parlementaire internationale

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

4. Ordre du jour

- M. Claude Wiseler, Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie

5. Heure de questions au Gouvernement

Question n°316 du 14 mai 2018 de M. André Bauler relative à la situation des jeunes formés dans la carrière professionnelle de l'auxiliaire de vie, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

- M. André Bauler - M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

Question n°317 du 15 mai 2018 de M. Claude Wiseler relative la procédure de nomination d'un candidat à un poste vacant du Conseil d'État, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État

- M. Claude Wiseler - M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interventions de M. Claude Wiseler)

Question n°318 du 14 mai 2018 de M. Alex Bodry relative aux procédures d'autorisation d'exploitation concernant les centrales nucléaires à proximité du Luxembourg, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement

- M. Alex Bodry - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement

Question n°319 du 15 mai 2018 de M. Roy Reding relative à la décision du «Bundesfinanzhof» en matière d'intérêts de pénalité auprès de l'État, adressée à M. le Ministre des Finances

- M. Roy Reding - M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

Question n°320 du 15 mai 2018 de M. Franz Fayot relative à l'installation d'une galerie nationale dans les murs de l'ancien Athénée, adressée à M. le Ministre de la Culture

- M. Franz Fayot - M. Xavier Bettel, Ministre de la Culture

Question n°321 du 15 mai 2018 de Mme Sylvie Andrich relative à l'avenir incertain des sites à Dudelange et à Käerjeng du groupe verrier américain Guardian, adressée à M. le Ministre de l'Économie

et

Question n°3820 du 14 mai 2018 de M. Eugène Berger et de M. Gusty Graas relative à la fermeture de deux usines du groupe américain Guardian, adressée à M. le Ministre de l'Économie

- Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Eugène Berger - Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie

Question n°322 du 15 mai 2018 de M. Laurent Zeimet relative à la transposition de la convention collective SAS au niveau des initiatives sociales, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

- M. Laurent Zeimet - M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

6. Dépôt d'une proposition de loi par M. Claude Wiseler

- M. Claude Wiseler

7. Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de l'accord de Vienne sur le nucléaire iranien et la décision du président des États-Unis de se retirer de cet accord

- Exposé: M. Marc Angel

- Débat: M. Laurent Mosar, M. Eugène Berger, Mme Viviane Loschetter, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner

- Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes (intervention de M. Laurent Mosar)

8. Question élargie n°31 de M. Henri Kox relative à l'énergie nucléaire

- M. Henri Kox - M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement - Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie

9. 7214 - Projet de loi portant modification de l'article 99 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988

- Rapport de la Commission des Affaires intérieures: M. Yves Cruchten

- Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Gusty Graas, M. Yves Cruchten, M. Roberto Traversini, M. Marc Baum

- Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

10. 7175 - Projet de loi portant approbation de

1° l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République italienne concernant l'échange et la protection réciproque d'informations classifiées, fait à Rome le 20 avril 2017;

2° l'Accord de sécurité entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de Roumanie sur la protection réciproque des informations classifiées, signé à Bucarest, le 24 mai 2017

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: Mme Claudia Dall'Agnol

- Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Eugène Berger, Mme Viviane Loschetter, M. Fernand Kartheiser

- Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

11. 7177 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique relatif à la gestion et au stockage définitif des déchets radioactifs du Grand-Duché de Luxembourg sur le territoire du Royaume de Belgique, fait à Gächel, le 4 juillet 2016

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: Mme Claudia Dall'Agnol

- Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Gusty Graas, Mme Viviane Loschetter, M. Fernand Kartheiser

- Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

12. 7157 - Projet de loi du [--] relative aux marchés d'instruments financiers et portant:

1. transposition de la directive 2014/65/UE du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 concernant les marchés d'instruments financiers et modifiant la directive 2002/92/CE et la directive 2011/61/UE;

2. transposition de l'article 6 de la directive déléguée (UE) 2017/593 de la Commission du 7 avril 2016 complétant la directive 2014/65/UE du Parlement européen et du Conseil en ce qui concerne la sauvegarde des instruments financiers et des fonds des clients, les obligations applicables en matière de gouvernance des produits et les règles régissant l'octroi ou la perception de droits, de commissions ou de tout autre avantage pécuniaire ou non pécuniaire;

3. mise en œuvre du règlement (UE) n°600/2014 du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 concernant les marchés d'instruments financiers et modifiant le règlement (UE) n°648/2012;

4. modification de: